



► **Mme Viviane Reding** (CSV).- Neen!

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Dat heescht, deen zousätzleche Punkt ass net drop. Dat heescht, d'Chamber géif refuséieren, dee Punkt dropzehuelen.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- ... ass mat 31 Jo-Stëmmen an 29 Nee-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel (par M. André Bauler), MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger, MM. Fernand Etgen, Gusty Graas (par M. Gilles Baum), Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer (par Mme Carole Hartmann) ;

MM. Marc Angel, Dan Biancalana, Alex Bodry (par M. Georges Engel), Mme Tess Burton, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch (par M. Yves Cruchten) ;

MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, MM. Marc Hansen, Henri Kox, Mme Josée Lorsché, MM. Charles Margue et Roberto Traversini.

Ont voté non : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par Mme Diane Adehm), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank (par Mme Octavie Modert), Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Paul Galles), Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum (par M. David Wagner) et David Wagner.

► **Mme Martine Hansen** (CSV).- Just fir ...

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Den Här Berger, wannechgelift.

► **M. Eugène Berger** (DP).- Merci, Här President. En plus vun deem, datt mer also den Ordre du jour vun der Presidentekonferenz ugeholl hunn elo, wat eigentlech jo nëmmen eng normal Confirmation ass, hate mir gefrot, fir dee leschte Punkt vun haut de Mëtten op muer als éischte Punkt ze setzen, wou am Virfeld souwuel d'CSV wéi aner Fraktiounen gesot hunn, si hätte kee Problem dermat.

Duerfir proposéiere mer dann elo offiziell nach eng Kéier hei virum Mikro, datt mer kënnen dee leschte Punkt vun haut op muer deen éischte Punkt setzen. Da froe mer och e Vott doriwwer.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- D'Madamm Hansen, wannechgelift.

► **Mme Martine Hansen** (CSV).- Also, dat do ass näischt aneschtens wéi eise Punkt, dee mer elo wëllen zousätzlech op den Ordre du jour setzen.

(Protestations)

Den Här Berger proposéiert elo eng Ëmännerung vum Ordre du jour, a mir hunn och eng proposéiert.

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Jo.

(Brouhaha)

► **Mme Martine Hansen** (CSV).- Also, da proposéieren ech, datt deen dote separat ofgestëmmt gëtt ...

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- An eisen!

► **Mme Martine Hansen** (CSV).- ... an datt eisen och nach eng Kéier separat ...

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Okay.

► **Plusieurs voix**.- Très bien !

► **Mme Martine Hansen** (CSV).- ... ofgestëmmt gëtt. Da si mer fäerdeg.

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Très bien !

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Da stëmme mer och iwwert déi Modifikatioun of. Wien averstanen ass, datt mer de Punkt 3 vum Ordre du jour op muer de Moien als deen éischte Punkt setzen, stëmmt mat Jo.

(Exclamations)

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- D'Madamm Hansen.

► **Mme Martine Hansen** (CSV).- Ech wëll just gäre kloerstellen, datt mer déi zwou Saachen elo ofstëmmen!

► **Plusieurs voix**.- Jo!

► **Mme Martine Hansen** (CSV).- Dat heescht eise Punkt op den Ordre du jour ...

(Brouhaha général)

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Neen, separat.

► **Mme Martine Hansen** (CSV).- Separat.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Neen!

► **Plusieurs voix**.- Separat!

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Dat anert hu mer ofgestëmmt an dat ass decidéiert.

(Exclamations)

Genau!

► **Plusieurs voix**.- Neen!

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Dat, wat d'Inhalter ubelaangt, datt mer eis eens sinn, wéi eng Sujeten dës Woch um Ordre du jour sinn. An dat anert ass just eng zäitlech Verschiebung vun engem vun de Punkten op dem Ordre du jour op mar.

► **Une voix**.- Neen!

► **M. Gilles Roth** (CSV).- E Vott iwwer eise Punkt ...

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Wie mam Här Berger senger Propositionen ...

► **Plusieurs voix**.- Neen!

► **Une voix**.- Dach!

► **Mme Martine Hansen** (CSV).- Neen!

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- ... averstanen ass, stëmmt mat Jo.

► **Mme Martine Hansen** (CSV).- Ech wëll just soen, datt mir eis net bei deem dote Vott äusseren, bis datt mer sécher sinn, datt eise Punkt och ofgestëmmt gëtt, fir dat op den Ordre du jour ze setzen!

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Ma dat hu mer jo ofgestëmmt, Madamm Hansen!

► **Mme Martine Hansen** (CSV).- Neen, dat hu mer net ofgestëmmt!

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Dat hu mer nach net ofgestëmmt!

(Brouhaha général)

► **Mme Martine Hansen** (CSV).- Dat do hu mer jo och nach net ... Dann ass dat do och ofgestëmmt!

(Brouhaha général)

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- De Vott huet ugefaangen.

► **Une voix**.- Neen, da kommt, mir stëmmen net!

► **Mme Martine Hansen** (CSV).- Kommt, mir drécken net!

► **Plusieurs voix**.- Kommt, mir ginn eraus!

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Gitt all eraus!

(L'opposition quitte la salle.)

► **M. Michel Wolter** (CSV).- Da maacht Der Är Chamber eleng!

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Hei gëtt de Geck gemaach! Hei gëtt de Geck gemaach!

(Brouhaha général)

► **Une voix**.- Eieiei!

► **Une autre voix**.- Schéi Vakanz!

► **Une troisième voix**.- D'CSV ...

► **M. Claude Haagen** (LSAP).- De Vote par procuration, geet deen och fir aner Parteien?

(Hilarité et interruptions)

► **Une voix**.- Mir hu kee Quorum méi. Mir sinn net zu genuch!

► **Une autre voix**.- Da maache mer dee leschte Punkt ebe wéi et geet, par procuration.

(Brouhaha)

► **M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP).- Wie feelt bei lech?

(Interruption)

► **Une voix**.- Nëmme een.

► **M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP).- Jo, mir sinn net komplett.

► **Une voix**.- Et geet net duer!

(Brouhaha)

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Ech stelle fest, datt de Quorum net erfëllt ass. An duerfir géif ech dann d'Sitzung fir de Moment emol ënnerbriechen.

(La séance publique est suspendue à 14.27 heures.)

(La séance publique est reprise à 14.31 heures.)

Kolleginnen a Kollegen, mir géifen elo opgrond vum Artikel 33 verfuere, deen am Fong geholl beseet, datt de President aver d'Diskussiounen vun de Punkten, déi um Ordre du jour sinn, ufänke kann, ouni datt de Quorum, wat d'Präsenz ubelaangt, erreecht ass, just datt mer dann net kënnen zu engem Vott kommen, wa sech op menger rietser Säit vum Sall bis dohinner näischt geännert huet.

5. 7448 - Débat d'orientation relatif à l'avant-projet de Plan national pour un développement durable

An domadder dierfe mer dann ufänke mam éischte Punkt vun eisem Ordre du jour. Dat ass eng Orientéierungsdebatt iwwert den Avant-projet vun engem nationale Plang fir déi nohaltég Entwécklung.

D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech ageschriwwen: den Här Claude Wiseler, den Här Max Hahn, den Här Franz Fayot, d'Madamm Stéphanie Empain, den Här Gast Gibéryen, den Här Paul Galles, den Här Marc Goergen an den Här Serge Wilmes. Als Éischt héiere mer zu dëser Orientéierungsdebatt den Här François Benoy an dann duerno den Här Marc Angel, déi zwee Rapporturen iwwert dës Orientéierungsdebatt.

► **Une voix**.- Très bien !

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Deen éischte vun deenen zwee Rapporturen, den Här François Benoy, huet dann d'Wuert. Här Benoy, wannechgelift.

Présentation de l'avis commun de la Commission de l'Environnement, du Climat, de l'Énergie et de l'Aménagement du territoire et de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Coopération, de l'Immigration et de l'Asile

► **M. François Benoy** (*déi gréng*).- Här President, Dir Dammen an Hären ...

► **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- Op der lénker Säit.

(Hilarité)

► **M. François Benoy** (*déi gréng*).- ... zu menger lénker Säit, mir schwätzen haut iwwer e ganz wichtege Sujet, deen ëm näischt manner geet wéi ëm ons Zukunft, d'Zukunft vun onsem Planéit, d'Zukunft vun der Mënschheet an och d'Solidaritéit mat deenen Äermsten an deene Leit, deenen et am mannste gutt geet op onser Welt.

Den 29. Juli ass deen Dag, wou d'Mënschheet all hir Ressourcen, déi hir fir ee Joer zur Verfügung stinn, opgebraucht huet. De Rescht vum Joer, also bal d'Halschent vum Joer, liewe mir op d'Käschte vun der Natur, vun onser Liewensgrondlag an op d'Käschte vun den nächste Generatiounen.

Zu Lëtzebuerg ass d'Situatioun souguer nach méi schlëmm! Den Overshoot Day fir dëst Joer ass scho laang eriwuer. Dee war den 19. Februar, also de 50. Dag vum Joer. Mir liewen zu Lëtzebuerg also iwwerduerchschnëttlech vill iwwer ons Verhältnissen. Mir liewen op Pomp vun den nächste Generatiounen an op d'Käschte vun den arme Länner. An dat kënne mir net weider akzeptéieren!

Scholde kann een normalerweis zréckbezuelen. Déi heite Scholden awer kënne mer net zréckginn. Dofir musse mir alleguerten entschlossen dru schaffen, dass mir d'Kéier kréien a Richtung vun engem méi nohaltege Modell, am Interêt vun ons all, mä virun allem am Interêt vun onse Kanner. An den nationalen Nohaltegekeetsplang, iwwert dee mer haut schwätzen, ass e wichteg Instrument, fir doranner weiderzkommen.

Nohaltegekeet heescht, d'Ëmwelt an déi natierlech Ressourcen erhalen, mä och no der ekonomescher Entwécklung kucken an d'sozial Gerechtegekeet assuréiere vun de Leit, déi zu Lëtzebuerg liewen a schaffen, awer och iwwert d'Grenzen eraus, also Solidaritéit mat deenen Äermsten an och, dass mer net op d'Käschte vun deene liewen, grad ewéi vun den nächste Generatiounen.

Lëtzebuerg ass e klengt Land a mir si mat villen Erausforderunge konfrontéiert. Duerch de Wuesstum vun der Populatioun an den Aarbechtsplazen hu mer vill Drock op d'Ëmwelt a si konfrontéiert mat dem Verloscht vun der Biodiversitéit. Dofir ass et immens wichteg, dass all d'Politicken openeen ofgestëmmt sinn, kohärent sinn, fir dass mer d'Ziler vun der nohaltéger Entwécklung erfëllen.

Nohaltegekeet heescht also och sozial Gerechtegekeet. An och do musse mer zu Lëtzebuerg dru schaffen. Mat engem Gini-Koeffizient vun 0,28 ass de Räichtum och zu Lëtzebuerg net gerecht verdeelt. Also och déi Froe spillen hei haut mat. Mä mir solle keng Angscht hunn, mir sollen d'Aen net zoumaachen, mä d'Transi-

tioun op méi nohaltég Modeller ass d'Chance fir d'Zukunft an dofir musse mir deen néidege Courage opbréngen.

Här President, Dir Dammen an Hären, haut hu mer an der Chamber en Débat d'orientation iwwert den Avant-projet vum Plan national du développement durable, den nationalen Nohaltegekeetsplang. D'Nohaltegekeetskommissioun an d'aussepolitisch Kommissioun kruten den Optrag, fir den Avis vun der Chamber dozou ze maachen. Ech kommen drop zréck, wéi mer virgaange sinn. Zesumme mat mengem ganz gudder Kolleg, dem Marc Angel, President vun der aussepolitescher Kommissioun, wäerte mir lech deen Avis elo an der nächster hallwer Stonn presentéieren.

D'Gesetz setzt de Kader fir eng nohaltég Entwécklung zu Lëtzebuerg a gesäit vir, dass d'Regierung en Avant-projet vun deem Nohaltegekeetsplang opstellt an dass d'Chamber an den Nohaltegekeetsrot deen aviséieren, eier en da vun der Regierung finaliséiert gëtt. An dat ass elo den drëten Nohaltegekeetsplang, vun deem mer haut schwätzen.

A logescherweis ass deen ëmmer och staark gekoppelt un déi international Entwécklungen am Beräich Nohaltegekeet, déi vun de Vereenten Natiounen diskutéiert an ausgeschafft ginn. Dat sinn déi 17 Nohaltegekeetsziler, déi am September 2015 zu New York vun de Vereenten Natiounen ugeholl goufen an der Agenda 2030. De Marc Angel kënnt duerno am Detail dorop zréck.

Zu Lëtzebuerg hate mer den éischten Nohaltegekeetsplang am Joer 1999, wou et ëm d'Ëmsetzung vun der Deklaratioun vu Rio aus dem Joer 1992 giong. Deen éischte Plang hat awer keng legal Basis. Et war just eng Ligne directrice, fir an dem Beräich Nohaltegekeet weiderzkommen.

Du krute mer e Gesetz, an zwar dat vum 25. Juni 2004 iwwert d'Koordinatioun vun der nationaler Nohaltegekeetspolitik. An domadder gouf e Kader geschaaft fir en Nohaltegekeetsrot, deen Avise gëtt a puncto nohaltegekeetspolitesch Mesuren, an och eng Commission interdépartementale fir den Développement durable.

An deem Gesetz sinn och weider Instrumenter virgesinn, notamentt eben de Plan national pour le développement durable, wou präzis Aktiounsfelder drastinn, mat Ziler an och Aktiounen, déi mer eis ginn. An et ass am Fong e politesch Instrument, fir d'Regierung a puncto Nohaltegekeet ze guidéieren.

A gradesou ass an deem Gesetz och virgesinn, dass mer ëmmer erëm e Rapport iwwert d'Ëmsetzung vun der Nohaltegekeet maachen, fir wëssenschaftlech an objektiv ze beschreiwen, wéi mer weiderkommen, an dat mat Indicateuren eben ze monitoren.

Haut schwätze mer also iwwert den drëten Nohaltegekeetsplang, en Instrument, fir déi national Politik a Kohärenz ze setze mat der Agenda 2030 vun de Vereenten Natiounen an hire 17 Sustainable Development Goals. An dësen drëten Nohaltegekeetsplang huet zéng prioritär Aktiounsfelder fir Lëtzebuerg, déi festgehalde goufen an déi an enger participativer Approche erstallt goufen; also interministeriell, awer och zesumme mat der Zivilgesellschaft.

An déi participativ Approche gouf och eescht geholl, well am Ufank hat d'Regierung just wëlles, sechs Aktiounsfelder zréckzebehalen. An dat gouf duerno ausgeweit op zéng Aktiounsfelder. Een zousätzlech Aktiounsfeld ass vun der Commission interdépartementale komm an drai vun der Zivilgesellschaft. An déi Aktiounsfelder, déi gi vu sozialer Inklusioun iwwer Gesondheet, nohaltég Produktioun, eng zukunfts-fäeg Economie, nohaltég Mobilitéit, Klimaschutz bis Kohärenz vun de Politicken an nohaltég Finanzen.

An an deene Felder gi längerfristeg Ziler festgeluecht an Erausforderungen, déi mer mam Horizont 2030 wëllen erreechen, grad ewéi d'Mesuren an d'Initiativen, fir dat ze maachen. A gemonitort gëtt dat Ganzt vun 118 Indicateuren, déi eis derbäi hëllefen, fir ze kucken, wéi mer weiderkommen.

Mir sinn haut hei, wéi gesot, zesummen, fir iwwert den Avis vun der Chamber do ze schwätzen. D'Regierung huet de 25. Juli zejoert den Nohaltegekeetsplang, deen drëten, ugeholl am Regierungsrot an deen Dag drop der Chamber deen och weiderginn. An och den Nohaltegekeetsrot huet en Avis dozou ofginn.

An hei am Haus goufen d'Ëmwelt- an d'aussepolitisch Kommissioun chargéiert, deen Avis ze maachen, woumat mir am Mäerz ugefaangen hunn. Duerch d'Wahlen, déi mer am Hierscht haten, an dat, wat duerno nach alles komm ass, krute mer e bësse Retard. Mä, wéi gesot, am Mäerz hu mer domat ugefaangen. An haut si mer ganz frou, dass mer eisen Avis mat enger Orientéierungsdebatt kënnen ofschléissen.



A genauso wéi déi ganz Regierung sech de Prinzipie vun der Nohaltegkeet verschriwwen huet, esou ware mir och der Meenung, dass net nëmmen zwou Kommissiounen sech dësem wichtege Sujet sollten unhuelen, mä dass mer déi Diskussiounen sollte méi breet opmaachen. Dofir hu mer d'Aktiounsfelder opgedeelt op néng Kommissiounen, déi matgeschafft hunn un dësem Avis. Am Ganze waren insgesamt 15 Sitzungen vu Kommissiounen néideg, fir deen Avis auszeschaffen, an ech wëll all deene Be-deelegten dofir Merci soen.

Här President a léif Kollegeen, ier ech elo e bësse méi an den Detail vum Avis ginn, respektiv de Marc Angel, wëll ech lech hei eng Motioun deposéieren. Wannechgelift!

Motion 1

La Chambre des Députés,

vu

- l'importance du développement durable comme concept directeur de toute mesure et de toute politique orientant le développement futur du Luxembourg ;

- le Programme de développement durable à l'horizon 2030 et ses 17 objectifs du développement durable ;

- la loi du 25 juin 2004 relative à la coordination de la politique nationale de développement durable, et plus particulièrement son article 11 ;

fait sien

- l'avis de la Commission de l'Environnement, du Climat, de l'Énergie et de l'Aménagement du territoire et de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Coopération, de l'Immigration et de l'Asile relatif à l'avant-projet du 3^e Plan national pour un développement durable ;

et invite le Gouvernement

- à prendre en compte l'avis de la Commission de l'Environnement, du Climat, de l'Énergie et de l'Aménagement du territoire et de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Coopération, de l'Immigration et de l'Asile relatif à l'avant-projet du 3^e Plan national pour un développement durable lors de la finalisation de ce dernier.

(s.) François Benoy, Marc Angel, Yves Cruchten, Stéphanie Empain, Max Hahn.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci.

► **M. François Benoy (déi gréng).** - Do steet d'Wichtigkeet vun der Nohaltegkeet als Leitbild vun alle Mesurë vun der Politik dran, grad ewéi vun der Agenda 2030 an de 17 Nohaltegkeetsziler. A mir fuerderen d'Regierung op, dass se onsem Avis Rechnung dréit an dat an den Nohaltegkeetsplang integréiert, fir en dann ze finaliséieren, fir dass mer séier mat schaffe weiderkommen.

E puer grondsätzlech Remarken: Zanter dass den Avant-projet vum Nohaltegkeetsplang vum Regierungsrout ugeholl ginn ass, hu sech e puer Saache gedomt. Ënner anerem krute mer en neie Rapport vum Weltbiodiversitéitsrot virgeluecht, deen dokumentéiert, dass d'Ausstierve vun enger Millioun Planzen- an Déierenarten e grouse Risiko ass. Et gouf och e Spezialrapport vum Weltklimarot, dee vun enger nach méi séierer Aerderwärmung a méi schwéiere Suite schwätzt, wéi bis elo ugeholl ginn ass. A mir haten eng ganz Rei Demonstratiounen an e Mouvement dobaussen, d'Fridays for Future, zu Lëtzebuerg an an der ganzer Welt, an alleguerten deene Saache musse mer hei Rechnung droen.

Et ass also vill passéiert an de leschte Méint, grad wéi mer och eng nei Regierung krute mat enger ganzer Rei wichtege Ziler a Mesuren, déi sech och an deem Nohaltegkeetsplang hei sollten erëmfannen. An dat seet och einfach, dass mer permanent musse reajustéieren an den aktuelle wëssenschaftlechen Erkenntnisser musse Rechnung droen.

Wichtig ass, dass mer eis déi néideg Moyene ginn, fir eben déi Ziler hei kënnen ze erreechen an déi Nohaltegkeetsprojeten zu Lëtzebuerg och ëmzesetzen.

A grad déi Indicateuren, vun deenen ech scho geschwat hunn, si vu gréisster Wichtigkeet. Fir Lëtzebuerg goufe vun deene villen Ziler, déi festgehal ginn an der Agenda 2030, 124 Cible festgehalen, déi ebe mat deenen 118 Indicateuren solle permanent kënnen analyséiert ginn.

An et ass gutt, an dat soll och weider esou goen, dass een un deem Plang vun der nohaltiger Entwécklung net an engem „stillen Kämmerlein“ schafft, mä dass dat mat allen Akteuren zesummen ausgeschafft gëtt. Ech denken do un déi verschidde Ministèren, awer och un den Nohaltegkeetsrot, d'Zivilgesellschaft, d'Chamber, well nëmmen, wann ee vill Leit abënnst an esou e Prozess, da kann een och déi néideg Akzeptanz do derfir kréien an eng komplett Analys vun der Situatioun an den Eraus-

fuerderunge maache respektiv déi richteg Lösungssatz dofir fannen.

Och an Zukunft soll een déi Participatioun héichhalen an de Stat, d'Gemengen, d'Chamber, d'Entreprises, d'Économie, d'Zivilgesellschaft an esou vill wéi méiglech Leit doranner matabannen. Dofir ass et wichtig, dass d'Plattform vun der Agenda 2030, wéi se am Nohaltegkeetsplang steet, awer och am Koalitiounsaccord, geschafe gëtt a weiderschafft, wou all d'Akteure kënnen zesummen dorunner schaffen. Mä wichtig ass och: Si brauchen déi néideg Moyenen do derfir.

An da wëll ech nach eng Kéier präziséieren, dass dat, wa mer zu esou engem Sujet wéi deem heite schwätzen, net d'Aarbecht ass vun engem oder zwee Ministèren, mä dass et d'Aufgab ass vun der ganzer Regierung. Well d'Nohaltegkeet ass eng transversal Fro, wou alleguerten déi verschidde Politikfelder betraff sinn a wou mer konsequent a kohärent mussen zesummen dru schaffen.

Dofir ass et wichtig, dass mer en Instrument wéi den Nohaltegkeets-Check kréien, also en Evaluatiounsoutil, fir all Legislatioun oder Decisioun op hir Nohaltegkeet hin ze checken, esou wéi mer et och scho vun der Fiche financière kennen, déi hanner all Gesetzespropos hänkt. An am Avis hu mir dee gefrot, do weise mer och op dëse wichtege Tool hin, dee mer séier brauchen.

Och de Rôle vum Stat ass natierlech wichtig. De Stat huet eng grouss Responsabilitéit a muss mam gudden Beispill virgoen. Dofir ass et wichtig, dass mer u Cahier-de-charge schaffen, déi der Ëmwelt, dem Klima, de soziale Froen, dem gerechten Handel an esou weider och Rechnung droen.

(Brouhaha)

Jo, dat wär fein, wa mer d'Dier kéinten zoumaachen.

Dann hu mer an onsem Avis och festgehalen, dass natierlech d'Bildung fir d'nohaltig Entwécklung eng Wichtigkeet huet, dass mer also an der formaler an an der nonformaler Bildung dru schaffen, fir dee ganze Volet vun der Nohaltegkeet do mat dranzekréien. Ech wëll awer soen, dass ech mengen, dass et net just ëm déi Jonk geet. Ganz oft hunn ech d'Gefill, dass déi Jonk scho ganz gutt do dru sinn. Mä et geet eigentlech ëm déi ganz Populatioun. A fir doranner weiderzkommen, ass a soll och an Zukunft d'Transitiionsbewegung e gudden Partner sinn.

A wa mer iwwer Erzéiung schwätzen, da läit et do no, dass mer generell iwwer Kommunikatioun schwätzen. Ech fannen et wichtig, dass mer d'Kommunikatioun ronderëm déi Nohaltegkeetsziler verstärken, dass mer ëmmer erëm de Lien vun deene verschidde Politiken, déi mer maachen, mat den Nohaltegkeetsziler maachen. Dofir hunn ech och haut dee Pin hei un, deen ech eng Rei Kollege ginn hunn, fir eben drop opmierksam ze maachen, dass et wichtig ass, dass mer an onser Politik ëmmer erëm genau kucken: Wou sti mer elo do mat den SDGen? Wou respektéiere mer se? Wou musse mer vläicht nach nobesseren? An esou weider.

Also fir lech e Beispill ze ginn: A menger Ried d'lescht Woch iwwert d'Landwirtschaft hunn ech drop higewisen, dass mer ebe grad, wa mer d'Biolandwirtschaft méi ënnerstëtzen, do bei ronn der Halschent vun den Nohaltegkeetsziler Verbesserung kënne maachen.

Ech wëll dann op e puer Aktiounsfelder kommen. De Marc Angel wäert anerer ervirhiewen, an aner Kollegeen an der Debat wäerten erëm op anerer ze schwätze kommen; just e puer eben erausgepickt:

Sozial Inklusioun an Erzéiung fir jiddwereen. An dem Avis vun ons steet dran, dass mer mussen a Richtung hin zu engem inklusivem Bildungssystem schaffen, wou déi sozioökonomesch Originne vun de Schülerinnen a Schüler keen Impakt dierfen op hire Schoulparcours hunn, an dass et immens wichtig ass, dass mer géint d'sozial Exklusioun an Ongläichheet virginn. A grad de Bildungssystem ass do ausschlaggebend.

Mir mussen och kucken, dass mer un de Konditiounen vun enger gesonder Populatioun schaffen. Am Avis gouf do ënner anerem ervirgestrich, dass mer d'Thematik vun der Ëmweltmedezinn musse verstärkt opgräifen, notament an der Formatioun, awer och mat enger nationaler Strategie.

An d'Promotioun vun enger méi nohaltiger Consummatioun a Produktioun - d'Stéchwuert Landwirtschaft ass scho gefall -, awer och d'Reduktioun vu Planzeschutzmëttelen si wichtig.

An een Thema, dee mer och an der Chamber an de leschte Méint thematiséiert hunn, ass den Offall, deen, menge mer, an dem Nohaltegkeetsplang nach méi breet sollt themati-

siert ginn. Mir hunn hei diskutéiert iwwer null Offall, dat ass am Moment eng Strategie, déi geplangt ass. A mir hunn hei an der Chamber eng ganz breet Motioun ausgeschafft a gestëmmt, wou et wichtig ass, dass déi Elementer, déi mer do proposéiert hunn, an dee Plang matablëssen.

An d'Économie soll méi inklusiv an zukunfts-fäeg ginn. Stéchwierder wäeren do d'Circular Economy, awer och eng Économie de partage, oder och, dass mer eis ëmmer erëm un der Rifkin-Etüd influenzeieren, wou ganz vill wichtege Pisten drastinn.

Dann: Wéi gi mer mat onsem Land ëm? Mir hu begrenzt Ressourcen zu Lëtzebuerg, engem klengen Land, wat mat vill Wuesstum konfrontéiert ass, vu Populatioun an och vun Aarbechtsplazen. Do ass et wichtig, dass mer de Fokus leeën op eng gutt an eng intelligent Landesplanung. An do hu mer am Avis geschriwwen, dass et wichtig ass, dass mer eis wierklech op dräi urban Zentren, dräi Agglomeratiounen, konzentréieren, fir dass mer ophale mat der Zersiedlung, wéi se leider an der Nokrichszäit zu Lëtzebuerg vill passéiert ass.

► **Une voix.** - Très bien !

► **M. François Benoy (déi gréng).** - Wichtig ass och, eng nohaltig Mobilitéit ze assureieren. D'Kommissioun erkennt, dass den Transportberäich zwee Drëttel vun den Emissiounen ausmécht an doduerch och an deem Beräich méi Efforten néideg sinn. D'Kommissioun touchéiert déi ganz Bandbreit vun dem Transport, notament och, wat d'Fiskalpolitik ugeet, bis iwwert den Ausbau vun den Infrastrukturen an d'Förderung vu Mobilitéitspläng an den Entreprises. An et geet hei och ëm de Prinzip vum Pollueur-payeur am Secteur vun der Aviation civile an dem Transport maritime, op dee mer am Avis higewisen hunn.

► **Une voix.** - Très bien !

► **M. François Benoy (déi gréng).** - Wat d'Zerstéierung vun der Ëmwelt ugeet, do hu mer och an dem Avis geschriwwen, dass et wichtig ass, dass mer de Kampf géint d'Insektstierwen nach méi konkret uginn. Mir mengen, dass et néideg wär, fir do eng Pierre angulaire ze maachen an dem finalen Nohaltegkeetsplang. Och sollt een Aktiounen géint d'Liichtverschmutzung an esou weider dran ophuelen. A wat de Waasserschutz ugeet, brauche mer eng weider Verstärkung vun der Zesummenaarbecht mat der Landwirtschaft. A grad d'Reduktioun vu Mikroplastik kéint nach méi Plaz an dem Avis fannen.

Nach een Aktiounsfeld, an da kommen ech zum Schluss, ass de Klimaschutz. Den Energie- a Klimaplang gëtt nei, ambitiéis Ziler fir 2030 vir a schwätzt do, an dat sollt och an d'längerfristeg Visioun matablëssen, vun enger Reduktioun vu 50 % bis 55 % vun den Zäregase par rapport zum Niveau vun 2005, vu méi erneierbaren Energien a méi Energieeffizienz.

Här President, Dir Dammen an Hären, ech kommen zum Schluss an ech géif lech bieden, dann dem Marc Angel d'Wuert ze gi fir de Rescht vun der Presentatioun vun der Chamber hirem Avis iwwert de Projet vum drëtten Nohaltegkeetsplang vun der Regierung, e Plang, deen e wichteg Instrument ass, fir a Saachen Nohaltegkeet weiderzkommen, dat heescht, fir dass mer déi ökologesch, déi sozial an déi ekonomesch Erausforderungen uginn a kohärent zu Lëtzebuerg ëmsetze kënnen.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Benoy. An dann huet den Här Marc Angel d'Wuert fir deen zweeten Deel.

► **M. Marc Angel (LSAP).** - Jo, Merci, Här President, fir d'Wuert. Léif Kollegeinnen a Kollegen, léif Regierungsvertrieder, wann hautzudaags iwwer nohaltig Entwécklung geschwat oder geschriww gëtt, da gëtt dat ëmmer duerch de Prisma vun der Agenda 2030 mat hire 17 Objectifs du développement durable gemaach. An un dëser globaler Agenda huet sech, wéi dat och de François Benoy scho gesot huet, den Avant-projet vum drëtten Plan national pour un développement durable ganz staark orientéiert.

Ech wëll och hei dem François Benoy als Co-rapporteur villmools Merci soe fir déi gutt Zesummenaarbecht, déi mer an deem Dossier hei haten, awer och sengem Virgänger, dem Här Kox, well déi zwou Kommissiounen hu jo scho jorelaang un deem Dossier geschafft.

Dës Agenda 2030 gouf de 25. September 2015 vun 193 Staten an der Assemblée générale vun der UNO fräiwëlleg ugeholl, mat hire 17 Objectifs du développement durable, 169 Ziler an 232 Indicateuren. An déi thematesch Breet vun dëser Agenda ass effektiv immens beandrockend. Et geet vun der Eradication vun der

Aarmut iwwer Gesondheet, Educatioun, Inegalitéiten, Energie, Klimawandel, Fridden, an dat sinn nëmmen e puer Sujeten, déi traitéiert ginn.

Et ass also noutwendeg, dass mer ons national Kadere ginn, fir eis Politik heiheim un d'Normen an d'Viraussetzung vum internationalen Niveau unzepassen, well mer nëmmen esou alleguer, an dat heescht an deem heite Fall 193 Länner an och nach eng ganz Retsch aner Akteuren, un engem Strang zéie kënnen, fir d'nohaltig Entwécklung méiglechst global ugoen ze kënnen.

Et ass eng universell Agenda, an där jiddweree seng Defie vum Développement durable adresséiere muss - an den Här Benoy huet der scho vill vu Lëtzebuerg opgezielt -, vun de Pays les plus défavorisés iwwert d'Pays en développement an déi entwéckelt Länner, awer ëmmer an deem iwwergeuerdente Kader vun de 17 Nohaltegkeetsziler.

Als Corapporteur wëll ech hei kuerz op d'Geschicht vum Développement durable agoen, wéi dëst Konzept um internationalen Niveau zu enger Norm an engem Eckpfeiler vum internationalen Engagement ginn ass, well d'Agenda 2030 reit sech an eng Serie vun Entwécklung ronderëm d'Denken an d'Aktiounen ëm den Développement durable an.

Am Mainstream taucht den Term „Développement durable“ Enn de 60er Joren op am Kontext vun der Erkenntnis, dass d'Ressourcë vun eise Planéit limitéiert sinn. Dës Iddi gouf 1972 an engem Rapport vum Club de Rome konkretiséiert, mam villsoenden Numm „Halte à la croissance ?“. Dëse Rapport detailléiert d'ökologesch Limite vum Wuesstum vun der Wirtschaft a vun der Populatioun an thematiséiert och d'landwirtschaftlech Produktioun, d'Erschöpfung vun den net erneierbaren Energien an d'industriell Produktioun an d'Verschmutzung.

1983 huet dunn d'Assemblée générale vun de Vereenten Natiounen déi sougenannten „Brundtland-Kommissioun“ op d'Bee gesat, mam Mandat, fir ënner anerem déi grouss Fro ronderëm d'Ëmwelt an d'Entwécklung ze ënnersichen a realistesch Léisunge virzeschloen, nei Modalitéiten fir d'Kooperatioun ze proposéieren, déi déi néideg Changementer um Niveau vun de Politicken ervirbrénge kéinten, an d'Verständnis an den Engagement vun allen Akteuren ze verdéiwen.

De Rapport, deen dës Kommissioun 1987 publizéiert huet, de Brundtland-Rapport, huet staark zu der Diffusioun vum Konzept vum Développement durable op internationalem Niveau bäigedroen an ass haut nach op ville Punkten aktuell.

Den Haaptconstat vum Rapport ass deen, dass déi verschidde Krisen, déi mer erliewen - Energie, Biodiversitéit, Entwécklung et cetera - a Wierklechkeet enk matenee verbonne sinn an Ausdrock vun enger eenzeger Kris sinn. An als Léisung zu dëser systemescher Kris schléit de Rapport den Développement durable vir, also d'Capacitéit, fir d'Besoinen vun haut ze erfüllen, ouni awer d'Méiglechkeeten vun den zukünftigen Generatiounen, fir datselwecht ze maachen, ze ënnergruewen. Dëst op Basis vun dräi Pilieren: nämlech e wirtschaftlechen, en ökologeschen an e sozialen.

An dës dräi Dimensiounen sinn och haut nach Haaptbestanddeel vun der nohaltiger Entwécklung. Développement durable ass net nëmmen ökologesch. Développement durable ass net nëmmen ökonomesch. Et sinn déi dräi Dimensiounen - déi ökologesch, déi ökonomesch an déi sozial -, déi gläichberechtigt behandelt musse ginn!

► **Une voix.** - Très bien !

► **M. Marc Angel (LSAP).** - 1992 gouf et dunn deen éischte Versuch am Kader vum Earth Summit zu Rio de Janeiro ënnert der Leedung vun de Vereenten Natiounen, d'Konzept vum Développement durable op internationalem Niveau ze verankeren an ze konkretiséieren, duerch d'Rio-Deklaratioun an d'Agenda 21, déi eng Rei Mesuren a verschidde Domänen virschléit, fir d'Notioun vum Développement durable dann um Terrain ëmzesetzen.

2002 gouf dunn de Sommet mondial sur le développement durable zu Johannesburg organiséiert, fir den Engagement fir den Développement durable op héchstem Niveau ze relancéieren.

Och vun eminenter Wichtigkeet um Wee zu de 17 Sustainable Development Goals war d'Aus-schaffung vun de sougenannten „Millennium



Development Goals“, déi d'Länner dozou engagéiert hunn, d'Entwécklung bis 2015 massiv virunzedreiwen a virun allem d'extrem Aarmut ze bekämpfen. E wichtegen Detail: Dës Objektiv waren am Endeffekt ausschliisslech op d'Entwécklungslänner ausgerichtet.

Wann et also ee groussen Ënnerscheed zwéischen den MDGs a den SDGs gëtt, dann ass et hir Ambitioun. Et ass eng universell Konzep-tioun vun der nohalteger Entwécklung, wou et net nëmmen drëm geet, d'Entwécklungslänner ze entwéckelen, mä all Land am Hibleck op den Développement durable an d'Verantwortung ze zéien.

Wéi 2009 d'Zäit no den MDGs fir d'éischte Kéier diskutéiert gouf, war nach net rieds vun där ambitiéiser Agenda, zu där et dann herno awer schlussendlech komm ass. Effektiv, et goufe Stëmmen, déi gesot hunn, d'MDGs sollen einfach zéng Joer verlängert ginn. Awer no an no goufen d'Proposen an d'Revendicatione méi grouss a méi ambitiéis. An d'Zuel vun den Ziler huet zougehol. An am Endeffekt si mer bei deene 17 ODDs ukomm.

Bei den MDGs war jo d'Haaptkritik, dass déi an enger Dunkelkammer ausgeschafft gi sinn. An dat war awer ganz anescht bei der Ausschaffung vun der Agenda 2030 mat de 17 Objectifs de développement durable oder SDGs. Dat war e Prozess, dee ganz oppe war.

Vun 2012 bis 2013 hunn d'Veereenten Natiounen e globale Participationsprozess facilitéiert, mat enger Hällevull u Consultatiounen duerch d'ganz Welt an iwwer eng sëllegen Thematiken an enger weltwäiter Emfro iwwer Internet. Dëst gouf begleet vun Initiative vun ONGen, Experten a ville Länner. An hei huet och d'EU eng wichteg Roll gespillt. An Dir kënnt lech erënneren, dass mer oft vu Bréissel Kommunikatioun kritt hunn, wéi d'EU sech an dee ganze Prozess géif areien. An ech mengen, d'EU huet och do eng wichteg Roll gespillt bei der Ausschaffung vun där Agenda 2030.

Och den Draftingprozess selwer war ganz deliberativ an am Kader vun engem Groupe de travail hunn d'Länner mam Input an dem Engagement vun den ONGen, UNOs-Agencen an och den Entrepreneuren, déi do agebonne waren, déi 17 Objectifs de développement durable mat hiren 169 Ziler opgestallt.

No weidere Verhandlungen konnten dann déi 193 Länner dës Agenda 2030 de 25. September am Kader vum UN Sustainable Development Summit adoptéieren. Dat war also nach en Erfolleg vu Multilateralismus.

An onsem Avis fénnst och d'Chamber, dass et gutt ass, dass de Prozess fir d'Elaboratioun vun onsem PNDD och participativ war. D'ONGen, de Conseil supérieur du développement durable an d'Chamber waren involvéiert; och wann do nach Sputt fir Verbesserung bleift. Op jidde Fall war ech frou, dass mer als Kommissiounen ëmmer an de Ministère invitéiert waren, wou mer zesumme mat der Société civile konnten diskutéieren.

E weidere positiven Aspekt: Dësen Exercice vun der Elaboratioun vum PNDD ass wäertvoll, andeems en d'Agenda 2030 an hir Iddien an Ziler méi wäitleefeg ënnert d'politeschen a gesellschaftleche Akteure bréngt. D'Ambitioun vun dëser Agenda ass eng Erausforderung fir d'Kommunikatioun an de Contenu et cetera. Et ass eng Erausforderung un d'Regierung. Et ass eng Erausforderung un d'ONGen. An et ass eng Erausforderung och fir d'Gemengen, well ech mengen, och d'Gemeinschaft sinn e wichtegen Akteur an deem ganze Prozess. Dee kann net nëmmen top-down goen, dee muss och bottom-up goen. An dofir sinn och hei d'Gemengen operéiert, déi Agenda ze kennen.

Ech gi scho säit engem Joer mat deem Pins hei ronderëm. An oft froe mech d'Leit: „Wat heescht dee Pins?“ Et ass jo kloer, dass net all Mënsch e Logo kann erkennen. Da soen ech op internationale Konferenzen, wou ech Lëtzebuerg da verrieden: „Ma dat ass d'Agenda 2030 mat deene 17 SDGs.“ Do sinn ech ëmmer erëm iwwerrascht, dass eng ganz Rëtsch Politiker a Politikerinnen déi Agenda net kennen.

Et ass eng wichteg Agenda. An dofir, mengen ech, ass deen Exercice haut esou wichteg. Déi Agenda ass ënnerschriwwen gi vum Premierminister zu New York. Do war deen een oder deen anere Minister derbäi, mä et ass eng Agenda, déi all d'Ministère betrëfft, déi all d'Gemeinschaft betrëfft, déi all Biergerinnen a Bierger betrëfft. An ech mengen, dofir ass deen Debat vun haut vun äusserster Wichtigkeit.

Wann de PNDD eis bei der nationaler Ëmsetzung vun de 17 ODDen guidéiere soll, muss

een awer och unerkennen, dass eis Politik en Impakt huet, deen iwwer eis Grenzen erausgeet. An hei muss mer ervirhiwen, dass am alleréischte Projet vum PNDD sechs Champs d'application virgesi waren. Et war am Dialog mat der Société civile, wou dës Katalog ëm véier Felder erweidert ginn ass, an notament och de Champ Nummer 9, deen d'Kontribution vu Lëtzebuerg zum Développement durable um internationale Plang kuckt.

Aus der Siicht vun der Chamber geet den Engagement fir d'Agenda 2030 an den Développement durable awer méi wäit wéi nëmmen Kooperationspolitik. Mir hunn am Avis vun der aussen- an europapolitischer Kommissioun och d'Roll vun der Aussepolitik bäigefüügt.

Ech gesinn, d'Zäit gëtt knapp. Ech hunn nach just e puer Minutten. Dofir kieren ech elo hei e bëssen.

(Interruption)

Et ass niewent der Lëtzeburger Kooperationspolitik, wou mer jo laang heiriwwer geschwat hunn, mat hirer neier Strategie och de Plan d'action pour l'efficacité du développement, deen ausgeschafft gëtt. Et ass och de Plan d'action fir d'Entrepreneuren an d'Mënscherechter. Et ass de Wonsch, deen och an der Regierungserklärung steet, wat déi transnational Entrepreneuren ubelaangt, fir do iwwer den Droit de diligence ze legiferéieren an ze exploréieren.

Dat hu mer alles nach an den Avis drageschriwwen, dass dat soll mat iwwerhol ginn. Dat ass jo och am Koalitionsaccord dran.

Dann ass d'Cohérence des politiques hei immens wichtig. All déi Froe si wichtig. An hei wëll ech just och e perséinlechen Opuuf maachen: Mir hu jo zwee Comitéen, déi sech heimmader beschäftegen. Dat ass de Comité pour la cohérence des politiques ënnert der Leedung vun Kooperationsministère, wou d'Rapporten ëffentlech sinn a wou ech en Appell maachen, dass all Ministère ëmmer do vertrauede soll sinn. Mir kucken dat als Chamber näamlech gär no.

An deen anere Comité ass jo de Comité interdépartemental pour le développement durable, wou ech och ganz frou sinn, dass do d'Rapporten och ëffentlech sinn. Déi fénnst een um Site vum Ëmweltministère. An och do ass et wichtig, dass d'Ministère ëmmer präsent sinn.

An et ass och wichteg, dass et zu enger gudder Zesummenarbecht kënnt vun deenen zwee Comitéen, well déi Agenda 2030 jo net nëmmen eng Hausaufgab heiheem ass, mä och eng Hausaufgab no baussen ass.

Mir hunn also am Avis, wann ech ganz kuerz nach op den Avis vun der aussepolitischer Kommissioun kann zrëckgoen, gesot, dass och den Objectif du développement durable Nummer 16 wichteg ass, „Paix et Justice“, an dass dofir eis 3D-Politik vun Diplomatie, Développement an Defense wichteg ass, déi Approche, déi mer hunn.

Mir hunn och do nach derbäigeschriwwen, dass ee soll drop agoen, dass d'Regierung ganz vill Wäert op den Desarmement an d'Non-prolifération vu Waffen aller Natur leet. A mir gleewen un dem Kofi Annan säin Diktum, deen och seet, dass et ouni Entwécklung keng Sécherheet gëtt an ouni Sécherheet keng Entwécklung, a weder dat eent nach dat anert ouni de Respekt vun de Mënscherechter. Och déi si wichteg.

Ech schléissen dann heimmader of a soen lech Merci fir d'Nolauschteren. A wat d'Motioun ubelaangt, schléisse mer eis als LSAP natierlech och dorun un an hoffen, dass d'Regierung den Avis vun der Chamber unhëlt.

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Angel. Den nächsten ageschriwwene Riedner, deen am Sall ass, ass den honorabelen Här Max Hahn. Här Hahn, Dir hutt d'Wuert.

Débat

► **M. Max Hahn (DP).** - Merci, Här President. Wa mer iwwer Nohaltegkeet oder nohaltege Entwécklung schwätzen, dann ass vläicht dat Éischt, wat engem an de Sënn kënnt: Ëmweltschutz, de Kampf géint d'Ärderwärmung, erneierbar Energien, Ressourcësounung an esou weider.

D'Erausforderung, eis Gesellschaft méi nohaltege ze gestalten, betrëfft awer all d'Beräicher vun eisem Liewen. Déi genannten Theme si wichteg a gehéieren ouni Zweifel derzou. Allerdéngs beschränkt sech eng nohaltege Entwécklung net eleng dorop. Ekologie eleng kann net wierklech nohaltege sinn, wa se op d'Käschte vun anere Facteure geet. Wann zum Beispill dat Sozialt drënner leit, déi wirtschaftlech Entwécklung an déi demokratesch Participatioun ausgebremst ginn, kann an eisen Aen net vun Nohaltegkeet rieds sinn.

Fir eis als DP ass et dowéinst kloer, dass d'Konzep-t vun der Nohaltegkeet och dës Aspekter berücksichtige muss. Fir eis heescht et net, dat eent géint dat anert ausspülen, mä déi verschidden Elementer intelligent, pragmatisch a konstruktiv matenee verbannen. Op déi Manéier wëlle mir den Erfollegmodell Lëtzebuerg weiderschreiwen. Mir brauchen dofir eng equilibréiert Politik, eng Politik, fir déi ënnerschiedlech Besoinen net am Widersproch zueneen stinn, mä déi et erméiglecht, dat eent an dat anert ënner een Hutt ze kréien.

Konkret bedeit dat fir eis, dass jiddwereen déiselwecht Startchancen huet, fir am Liewen ze reusséieren, an dass déi individuell Leeschtung honoréiert gëtt. Et bedeit och, dass et keng Barrière gëtt, déi Leit opgrond vun Alter, Originen, Behënnerungen an esou weider ausschléissen, mä dass Inklusioun am Alldag geléift gëtt, och a besonnesch an enger digitaler Welt.

Et bedeit, dass mer eng Wirtschaft hunn, déi dréit, déi innovativ a produktiv ass, fir eis eisen héije Liewensstandard ze erméiglechen, ouni iwwer eis Verhältnisse an op d'Käschte vun den nächste Generatiounen ze liewen. An et bedeit, dass d'Frichte vun dësem Wuelstand och deenen zoukommen, déi se mat erwirtschaftung hunn, an dass mat wirtschaftlech Erfolg e Sozialsystem finanzéiert gëtt, dee kee fale léisst.

Nohaltegkeet ass dowéinst enk verbonne mat Gerechtegkeet: Chancégerechtegkeet, Leeschtungsgerechtegkeet, Generationengerechtegkeet, sozial Gerechtegkeet. Déi 17 Sustainable Development Goals, déi 2015 vun der UNO festgeluecht goufen, droen dës Approche Rechnung. An net manner wéi 17 Ziler gouf festgehalten, a wéi eng Richtung d'Mënscheit sech weiderentwéckele muss. Dat geet vum Klimaschutz an dem Erhalt vun den Ökosystemer iwwer d'Gesondheet, d'Bildungschancen, bis hin zu Innovatioun an technologescher Entwécklung. Déi zéng prioritär Entwicklungsfelder vum PNDD spigelen dës ganzheetlech Approche erëm.

Här President, ech kann net op all Facetten an all Champ-d'aktionen agoen. Dofir wäert ech mer der e puer erauspicken, fir e puer Wuert dozou ze soen.

Déi sozial Kohäsioun an Inklusioun ass ee vun den allerwichtigste Punkten, fir dass et sech gutt liewe léisst zu Lëtzebuerg. Si sinn e Garant fir de soziale Friden. Wann et engem Land gutt geet, soll et de Leit och gutt goen, an zwar jiddwerengem.

Eng vun de wichtigste Mesurë vun der leschter Legislatur an dësem Beräich war sécher d'Reform vum RMG an d'Aféierung vum REVIS. D'Aarbecht ass en zentraalt Element, fir um gesellschaftleche Liewen deelzehuelen. Dat ass net nëmmen eng finanziell Fro. Ouni Zweifel spillt dësen Aspekt eng ganz wichteg Roll. D'Tatsaach ze schaffen, säin Deel ze leeschten an der Gesellschaft, an där ee leeft, ass donieft awer och elementar fir d'Selbstwäertgefill. Kee wëllt op Dauer op Hëllef ugewise sinn. An drëtens riskéieren déi betraffte Persounen och, vun engem soziale Standpunkt aus méi isoléiert ze sinn a manner aktiv um gesellschaftlechen a kulturelle Liewen deelzehuelen.

D'Zil vum REVIS ass et dofir, d'Leit esou séier et geet nees op déi eege Been ze stellen. Et geet näamlech net drëms, de Leit eng minimal Liewensgrondlag ze sécheren, si solle villméi erëm an d'Lag versat ginn, selwer Responsabilitéit ze iwwerhuelen an aktiv um berufleche Liewen deelzehuelen. D'Stéchwuert ass hei „Aktivéierung“.

D'Beneficiairë ginn esou zum Beispill gezielt aktivéiert duerch en Encadrement, deen op hir Besoinen zugeschnitten ass. Esou eng individuell Prise en charge hëlleft, d'Beschäftigungsfäegkeet vun der betraffener Persoun ze verbessern an domadder och d'Chancen, um regulären Aarbechtsmarché nees kënne Fouss ze faassen.

Mam REVIS gouf also eng wichteg Mesurë ëmgesat, fir déi Schwächst an eiser Gesellschaft ze stärken. Dës steet awer net eleng do. An de leschte Jore goufen eng Rëtsch weider Mesurë geholl, mat der Ambitioun, eis Gesellschaft nach méi oppen an inklusiv ze gestalten. Ech denken hei zum Beispill un d'Upassung vun der Allocation de vie chère, u Projete wéi d'sozial Epicerie oder de Kulturpass oder nach un d'Wunngeld, fir dat haut zwee Drëttel vun all de Locataire eligibel sinn.

Grad de Logement, léif Frënn, ass a bleift e Suergekand, wat sech virun allem och um soziale Plang néierschléit. Wa mer vun Aarmutsbekämpfung a sozialer Inklusioun schwätzen, ass de Logement zënter Joren ee vun den zentrale Chantieren. Den historiesche Retard, dee Lëtzebuerg an där Hisiicht huet, kann nëmmen doduerch opgeholl ginn, dass méi a méi séier gebaut gëtt. De Stat selwer soll iwwert de Fonds du logement an d'SNHBM verstärkt be-

zuelbare Wunnraum schaffen, grad ewéi och d'Spekulation mat Terrainen duerch zum Beispill Baulandverträge bremsen.

Ech mengen, et ass evident, dass de Stat eleng net déi Offer schafe kann, déi mir zu Lëtzebuerg brauchen, fir der Demande nozekommen. Dat geet nëmmen an Zesummenarbecht mam Privatsektor. Dowéinst muss an Zukunft alles ënnerhol ginn, fir dass méi Wunnenge méi séier op de Marché kommen.

Et ass hei elo net d'Plaz, fir am Detail op all eenzelnen Aspekt vun dësem komplexen Dossier anzegoen. D'Regierung huet an der leschter Legislatur éischt Schrëtt an déi richteg Richtung gemaach, andeems se vill eenzel Mesuren ëmgesat a grouss Projete an d'Weeër geleet huet. D'Auswirkunge wäerte sech an deenen nächste Jore lues a lues weisen. Gläichzäiteg därefer mer op kee Fall de Fouss vum Gas huelen. Déi Efforten, déi bis elo gemaach gi sinn, mussen konsequent weitergefouert ginn, wa mer de Problem tatsächlech an de Grëff wëlle kréien.

Här President, d'Politik muss de Kader setzen, deen et de Leit erméiglecht, sech an eiser Gesellschaft ze verwickelen an hir Ziler ze realiséieren. D'Aarmut ass heibäi ee bedeutend Hindernis, dat et géllt ze bekämpfen.

Wa mer vun Inklusioun schwätzen, ass dat awer net just d'Fro vun de Suen. Déi Leit, déi mat enger Behënnerung liewen, sinn all Dag mat Barrière konfrontéiert, déi et hinne méi schwéier maachen, um gesellschaftleche Liewen deelzehuelen. Dacks ass een, deen net selwer dovunner betraff ass, sech däreuer guer net bewusst, wéi weening behënnergerecht vill Aspekter vum ëffentlechen Raum sinn. Dat geet vum ëffentlechen Transport iwwer den Accès zu kulturellen a Fraizeitevenementer bis hin zum Informationszugang an de Medien.

Et goufe bis ewell eng Rëtsch Mesurë getraff. Ech denken hei zum Beispill un d'Unerkennung vun der däitscher Gebäerdesprooch oder nach un d'Obligatioun, all Internetseite vun engem ëffentlechen Akteur barrièrefräi ze gestalten. Dat si wichteg Etappen, mä d'Aarbecht ass domat awer nach laang net fäerdeg. Dofir begrësse mir als DP ganz kloer den Engagement vun der Regierung, weider substanziell Efforten an där Hisiicht ze maachen, zum Beispill duerch d'Schafe vun enger „assistance à l'inclusion dans l'emploi“.

D'Inklusioun an déi sozial Kohäsioun spille besonnesch och am Kader vun der Digitaliséierung eng wichteg Roll. Dat fänkt un, wéi gesot, beim Accès zu den neie Medie fir Leit mat enger kierperlecher Behënnerung, mä et beschränkt sech net dorobber. Grouss Deeler vun eiser Gesellschaft si vum technologesche Wandel betraff, sief et eeler Matbierger, sief et Salariairë, déi mat neien Ufuerderungen, wat déi digital Kompetenz betrëfft, konfrontéiert sinn.

Wa mir wëllen d'Chancë vun der Digitaliséierung notzen an zum Gudden fir eis Gesellschaft setzen, mussen mer verhénnern, dass sech an digitale Gruen opdeet tëscht deenen, déi gutt mat den neien Technologien eens ginn, an deenen, déi Schwierigkeeten domadder hunn.

► **M. André Bauler (DP).** - Ganz gutt!

► **M. Max Hahn (DP).** - D'Politik muss dowéinst d'Digitaliséierung aktiv begleeden a mat konkrete Mesuren derfir suergen, dass keen op der Streck bleift.

Dëst ass besonnesch wichteg am Bezuch op d'Aarbechtswelt. Am Kader vun der Digitaliséierung wäert sech d'Aart a Weis ze schaffen dramatesch veränneren. Opgrond vum rasanten technologesche Wandel kann haut nach kee soen, wéi eis Welt an deenen nächste 5, 10, 20 Jore wäert ausgesinn. Dofir ass et essenziell, d'Leit duerch gutt a passend Weiterbildungsméiglechkeeten op dës Wandel ze preparéieren. Nëmme esou kënne mer sécherstellen, dass d'Digitaliséierung am Déngscht vum Mënsch steet an de sozialen Zesummenhalt gestärkt gëtt.

Här President, déi digital Technologie bidden immens Chancë fir eist Land, och a grad an der Wirtschaft. Si erlaben net nëmmen, eis Wirtschaft ze diversifizéieren, eng nei Dynamik fir eis Betriber ze entfalten an Innovatiounen ze féieren, neen, si spillen donieft och eng Schlësselroll, fir eis Wirtschaft insgesamt méi nohaltege auszerichten.

Do hu mer zum Beispill op där enger Säit den ICT-Sektor. Entreprisë wéi Google, Amazon, Microsoft schaffen eng héich Plus-value bei gläichzäiteg niddregem Ressourcëverbrauch. Si hunn eng grouss Produktivitéit pro Aarbechtskraft. Si erméiglechen eis, qualitativ ze wuesen, dat heescht eise Wuelstand ofzesécheren, ouni dobäi exklusiv op e Wuesstum vun der aktiver Bevëlkerung ze setzen.

Och an anere Beräicher kënnen déi nei Technologien derzou bäidroen, dass d'Produktivitéit gesteigert gëtt. D'Effizienz vun de Produk-



tiounsprozesser ka verbessert ginn an d'Res-sourcë kënnen méi geziilt agesat ginn.

E weideren Effekt vun der technologescher Ent-wécklung ass ausserdeem eng Steigerung vun der Energieeffizienz, wouduerch manner Ener-gie gebraucht gëtt fir déiselwecht Aarbecht. D'DP ass dowéinst iwwerzeegt, dass d'Digitali-séierung eng eemoleg Chance duerstellt, fir méi nohalteg, méi ressourcëschounend a méi spuersam ze produzéieren a Wäert ze schafen.

Dëst Potenzial beschränkt sech net op d'Pro-duktioun. An Zukunft muss d'Gestioun vun de Ressourcë vun Ufank bis zum Schluss duerch-duecht sinn. Wat mer haut als Offall bezeech-nen, si wäertvoll Ressourcen! Mir kënnen eis et einfach net erlaben, Joer fir Joer x Tonnen ein-fach aus dem Produktiounszyklus erauszuhuel-en an ze zerstëieren. D'Kreeslafwirtschaft muss dofir konsequent gefërdert an hir Prinzipie mussen applizéiert ginn.

Dat heescht konkret, dass Firmen a Start-uppen ugezunn an ënnerstëtzt solle ginn, déi Alternati-ven zu de konventionelle Verfahren ubidden. D'Produite sollen am Idealfall esou entworfen sinn, dass de Recycling an d'Recuperatioun vun de Materialie scho matageplangt sinn.

Och hei kann d'Digitaliséierung hëllefen. Den Austausch vun Informatiounen tëscht allen Ak-teuren, wéi zum Beispill de Produzenten, de Recyclingzentren an dem Marché vu recy-cléierte Produiten, erméiglecht e vill bessere Suivi vun de Materialien, déi benotzt, entsuergt an nei verwäert ginn. Op déi Manéier kënnen vill méi effizient an nohalteg Materialkreesleef organiséiert ginn.

Ier e Géigestand ewechgehäit gëtt, ass et awer geneesou wichteg, dass en esou laang et geet ka benotzt ginn a gehale ginn. D'Reparatur vu Produite muss méi attraktiv gemaach ginn, zum Beispill duerch d'Erofsetze vun der TVA, esou wéi et am Koalitiounsaccord virgesinn ass.

Eng weider Pist an deem Kontext ass de Se-condhand oder, an anere Wieder, d'Sharing Economy. Zu Lëtzebuerg gëtt et bis elo keng wirtschaftlech Kultur an där Hisiicht wéi op anere Plazen, zum Beispill a Schweden. Och dëst ass eng sénnvoll Alternativ, bei där manner Saachen ewechgehäit géife ginn a manner Of-fall produzéiert gëtt. Et ass also och denkbar, dass an déi Richtung Efforte gemaach géife ginn, fir dëst ze ënnerstëtzen.

Här President, d'Ëmwelt ass eis Liewensgrund-lag. Et ass evident, dass mer eis als Gesellschaft net weiderentwëckele kënnen, wa mir den Aascht, op deem mer sëtzen, ofseeën. De Klimawandel ass an där Hisiicht vläicht déi al-lergréissten Erausforderung, mat där eis Gesellschaft konfrontéiert ass. All Efforten a Richtung Nohaltegkeet risquéieren duerch eng onkontrolléiert Aerderwärmung futtigemaach ze ginn.

Och wa Lëtzebuerg nëmmen e ganz klengen Undeel um allgemengen Ausstouss un Zärega-sen huet, ass et eis absolutt Pflicht, alles ze ën-nerhuelen, fir eisen Impakt op e Minimum ze reduzéieren an a Richtung Klimaneutralitéit ze goen.

Zu Lëtzebuerg, an dat ass lech all bekannt, ass besonnesch ee Secteur verantwortlech fir e groussen Deel vum CO₂: den Transport. Méi wéi d'Halschent vun eisen Ofgase kënn't vun eisen iwwerfëllte Stroossen. Dat schuet net nëmmen dem Klima, mä och der Loftqualitéit an den Dierfer a Stied, déi vum Duerchgangs-traffic betraff sinn, grad ewéi der Liewensquali-téit vun de Leit op dese Plazen.

Fir Lëtzebuerg méi nohalteg ze maachen, muss mer an eng méi nohalteg Mobilitéit in-vestéieren. De konsequenten Ausbau vum ëffentlechen Transport ass heibäi dee wichtegs-ten Hiewel. Als DP si mer frou, dass d'Regie-rung deen an de leschte Joren och ouni ze zé-cken an ouni Paus ugesat huet an dat an Zu-kunft och weiderhi mécht. Mir brauchen eng Offer, déi stëmmt, déi attraktiv ass, déi pünkt-lech a komfortabel ass. Dann ass scho vill er-recht.

Gläichzäiteg muss och weider an déi duuss Mobilitéit investéiert ginn an zum Beispill de Réseau u Vëlospisten ausgebaut ginn. D'Aar-bechten an deem Beräich sinn, mengen ech, ganz gutt amgaangen. Et ass zum Beispill en neit Gesetz iwwert de Vëlospisteseau um In-stanzzewee, dat hoffentlech och nom Summer gestëmmt ka ginn. Ech wëll awer och op d'Primmen hiweisen, déi dës Regierung beim Kaf vun engem Vëlo oder Pédélec agefouert huet. Op dës Manéier ginn Ureizer geschaaft, déi et de Leit méi einfach maachen, sech fir eng nohalteg Optioun an der Mobilitéit ze de-cidéieren.

A propos nohalteg Mobilitéit: Och den Ausbau vun alternative Formen, wéi der Elektromobili-téit, huet sech dës Regierung op de Fändel ge-schriwwen, zum enge mat finanziellen Ënner-stëtzunge beim Kaf vun engem Elektroauto,

zum aneren duerch de landeswäiten Ausbau vun den Opluedestatiounen.

Här President, fir de Kampf géint de Klimawan-del engersäits ze gewannen an d'Fërderung vun den nohaltegen Alternativen zu haitege Modeller anerersäits ze verstärken, muss vill Suen investéiert ginn. De Stat iwwerhëlt an deem Kader seng Verantwortung zu honnert Prozent.

Gläichzäiteg muss ee sech awer bewusst sinn, dass déi ëffentlech Hand net genuch Ressour-cen huet, fir all Projeten eleng ze schëlleren. Fir wierklech virunzekommen, brauche mer och privat Kapital, dat an nohalteg Initiativen inves-téiert. Mir hunn zu Lëtzebuerg eng vun den Topfinanzplaze vun der Welt. Do hu mer also eng éischtklasseg Geleeënheet, d'Wëssen, d'Ex-pertise, d'Akteuren an d'Strukturen, déi schonn hei sinn, am Sënn vun der nohalteger Entwéck-lung ze notzen. Do gëtt et eng Rei vu Méig-lechkeeten, vun neien, innovativen Instrumen-ter a Produiten, fir Investoren unzezéien a Kapi-tal ze mobiliséieren.

Lëtzebuerg ass haut schonn e Leader an de grénge Finanzen, zum Beispill mat der Scha-fung vun der weltwäit éischter grénger Bourse, dem Luxembourg Green Exchange, Nummer eent op der Welt, wat den Handel mat grénge Obligatiounen betrëfft.

Och wat d'Ausschaffe vun nohaltege Labelle betrëfft, huet déi lëtzebuergesch Plaz d'Nues mat virbäi. Dës Labelle garantéieren, dass dat, wouran d'Leit investéieren, och tatsächlech de Kritäre vun der Nohaltegkeet an dem Klima-schutz entsprécht.

Op déi Manéier fänke mer zwou Mécke mat engem Schlag: Andeems mer eis Virreiderroll an deem Beräich weider ausbauen, leeschte mer konkret e Bäitrag, fir d'Nohaltegkeet hei zu Lëtzebuerg, mä och an der Welt ze fërderen an d'Ziler vun der nohalteger Entwécklung ze er-rechen. Anerersäits diversifizéiere mer eis Wirt-schaft och an eng nohalteg Richtung, déi eng héich Produktivitéit huet a weineg Ressourcë verbraucht.

Här President, déi nohalteg Entwécklung ass e Sujet, un deem dës an déi viereg Regierung schonn zënter Jore schaffen. De PNDD ass den Engagement, d'Efforten an déi Richtung och an Zukunft konsequent weiderzeféieren. Als DP sti mir do natierlech voll a ganz derhannert.

Ech konnt a menger Interventioun leider nëmme verschidde Beräicher uschneiden. Ech hoffen, ech konnt awer vermëttelen, wéi déi eenzel Felder aneneen iwwerginn a sech géigesäiteg och beaflossen. Et ass fir eis do-wéinst ganz wichteg, drop opzepassen, dass an der Entwécklung vun eisem Land ëmmer drop opgepasst gëtt, e Gläichgewicht tëscht dese Beräicher ze fannen. Ech mengen awer, dass dat mat dësem Plang gegléckt ass, esou wéi et och an der Politik vun der aktueller Koalitioun generell de Fall ass.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren a ginn och den Accord vun der demokratescher Frak-tioun zur Motioun.

► **Plusieurs voix.** - Très bien !

► **M. Fernand Etgen** (*LSAP*).- Merci vill-mools, Här Hahn. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Franz Fayot. Här Fayot, Dir hutt d'Wuert.

► **Une voix.** - Très bien !

► **M. Franz Fayot** (*LSAP*).- Merci, Här President. Léif Kolleginnen, Léif Kollegen, et ass e bëssen extra, fir deen Debat hei ze féieren ouni Opposition. Et ass och e bësse schued, dass mer dee féieren ouni Opposition, well besonnesch an engem Debat iwwert d'ODDën, wou ganz vill Beräicher sinn, wou mer, mengen ech, nëmme weiderkommen, wa mer iwwer-partielech diskutéieren an och agéieren, wär et wichteg gewiescht, d'Stëmm vun der Opposi-tioun ze héieren an hir Contributioun zu dësem Debat hei ze kréien. Mä bon, et ass wéi et ass!

► **Une voix.** - Genau!

(*Interruption*)

► **M. Franz Fayot** (*LSAP*).- Här President, et gëtt ëmmer méi e Gefill hei - net nëmmen hei zu Lëtzebuerg, e bëssen iwwerall an der Welt -, dass d'Politik vläicht net mat där néideger De-terminatioun op déi grouss Erausforderunge vun eiser Zäit ageet an dorop reagéiert. Net schnell genuch. Net decidéiert genuch. Net radikal genuch.

Dat soen eis d'Greta Thunberg an all déi Jonk, déi iwwerall an der Welt bei de Fridays for Fu-ture op d'Strooss ginn, déi géint de Klimawan-del an déi ökologesch Kris protestéieren.

Dat soen eis op hir Manéier d'Gilets jaunes a Frankräich, andeems se eis soen, dass déi mam klengsten Akommes an déi am meeschten op den Auto ugewise sinn, och déi sinn, déi am meeschte leiden ënner enger Karbonsteuer um Bensinn.

Dat soen eis d'Wieler bal iwwerall op der Welt, déi net méi an déi traditionell Partei vertrauen a stadtessen hir Stëmmen Populiste ginn, oft nationalistesche Populisten, deenen, „déi déi richtig Froe stellen, awer déi falsch Äntwerte ginn“, fir d'Expressioun vum Laurent Fabius zrëckzehuelen.

Dat soen eis geschwënn och bei eis déi Jonk a manner Jonk, déi keng Wunneng méi fannen zu engem erschwéngleche Präis an déi wahr-scheinlech an Zukunft och méi kleng Pensioone wärte kréien.

Et sinn elo méi wéi 30 Joer hier, säit d'Kommis-sioun Brundtland hiren éischte Rapport eraus-ginn huet, déi jo d'Diskussioun ëm eng nohal-teg gemeinsam Zukunft fir d'Mënschheet lass-getrëppelt huet. Et ass also keng nei Diskus-sioun, déi mer haut féieren.

Et kann ee sech also froen, wat geschitt ass, a wat fir eng Richtung mer ginn an dësem effek-tiv esou essentielle Beräich, wéi de François Be-noy et beschriwwen huet, an och de Marc An-gel, an hirem ganz gudden Rapport, fir deen ech hinnen och gär géif Merci soen.

Et gëtt Leit, et gëtt Auteurs, Intellektueller, wéi zum Beispill den Ekonomist Steven Pinker, déi soen, dass d'Mënschheet iwwer Jorhonner-ten, a besonnesch an deene leschte Jorzénge säit dem Zweete Weltkrich, global Fortschrëter gemaach huet a ganz ville Beräicher a virun allem an deenen ärmsten, an deene ganz aarme Regiounen vun der Welt.

Et ass awer och net ze iwwersinn, dass déi so-zial Ongläichheeten ëmmer méi an d'Luucht ginn, dass de Räichtum ëmmer méi an e puer ganz weinegen Hänn konzentréiert ass - dee Phenomeen hu mer och bei eis gesinn, wat d'Réserve foncières ugeet - , dass de Klima-wandel an de Réckgang vun der Biodiversitéit rasant weiderginn. Et kann een och net igno-réieren, dass den Egoismus an den Individualis-mus déi dominant Haltung vun de Mënschen an eiser Gesellschaft sinn.

D'Glas ass eben ëmmer hallef voll oder hallef eidel: Et hänkt dervun of, vu wou een et kuckt. Et ass eng Saach vu Perspektiv.

All dës Froe waren och zentral Froen am rezen-ten Europawahlkampf, wou d'Fro vun engem Richtungswechsel an der Europapolitik vu ver-schiddene Partei gestallt ginn ass: ob et néi-deg wär, ob et wichteg wär, fir a Richtung vun engem méi sozialen, engem méi ökologeschen, engem méi gerechten Europa ze goen, a wat een dofir misst maachen. Wéi vill dovun an dem Programm vun der nächster EU-Kommis-sioun wäert zrëckzefanne sinn, dat wäert sech an deenen nächste Woche weisen.

Här President, wa mer bei eis iwwert d'ODDe schwätzen, si mer an enger e bësse kompli-zéierter Situatioun. Engersäits si mir als kleng, mä extrem oppe Wirtschaft an als grouss Fi-nanzplaz e feste Bestanddeel vun eben deem globaliséierte Wirtschaftssystem, deen d'Erree-che vun den Nohaltegkeetsziler schwéier mécht. An och en Deel vun deem finanzorien-téierte Kapitalismus, deen op kuerzfristeg Ge-wënner aus ass, och vun deem profitéiere mer hei zu Lëtzebuerg. Ob mir Nettogewënner oder -verléierer sinn an deem Spill, ass am Zen-trum vun enger Diskussioun, déi elo scho säit Joren dauert ronderëm de Wuesstum, och bei eis, an d'Fro, ob de Wuesstem iwwerhaapt kann „qualitativ“ sinn, fir en Term ze huelen, deen an deene leschte Joren och an dësem Haus oft gebraucht ginn ass.

Et geet do heiansdo rieds - an och dowéinst sinn ech e bëssen traureg, dass eis Kollegen aus der Opposition haut net do sinn -, et geet do heiansdo rieds dovun, fir aus dem „Hams-terrad“ auszebriechen, fir méi lues ze trëppe-len, den „Bien-être“ an d'éischt Rei ze stellen. Vun deeneselwechte Bänke kommen dann awer och ëmmer hefteg Reaktiounen, soubal Iddie kommen, fir ënner anerem d'Klima-Ur-gence an d'Wunnungskris méi resolutt an ener-gesch unzuegoen. Do kënn't da meeschtens d'Doutschlagargument, dass ee géint d'Kom-petitivitéit wär oder d'Stabilitéit vun der Finanzplaz bedroe géif, notamment duerch eng iwwerméisseg Besteuerung.

Et kann een awer net mat engem Fouss am Hamsterrad bleiwen a mat deem aneren aus dem Hamsterrad erauskammen.

► **Plusieurs voix.** - Très bien !

► **M. Franz Fayot** (*LSAP*).- Et kann een dat probéieren, mä dat geet meeschtens schif aus.

► **Une voix.** - Dat geet schif aus!

(*Hilarité et interruptions*)

► **M. Franz Fayot** (*LSAP*).- Här President, et gëtt munch Ekonomisten, an där ëmmer méi, déi derfir plädéieren, dass mer müssen ewech-komme vun deem extraktive Moosstaf vum PIB, dee just den industriellen Output misst, an eriwierkommen op e méi breeden, kompl-etten Indice, deen och den Impakt op d'Ëm-

welt, d'sozial Standarden, d'Bildung, d'Liewens-qualitéit, den Zoustand vun den Infrastrukture matarechen. Dozou gehéieren zum Beispill Ekonomiste wéi d'Kate Raworth, déi virun net allze laanger Zäit hei zu Lëtzebuerg war, mat hirem populäre Buch „Doughnut Economics“, mä och d'Mariana Mazzucato, eng italesch-amerikanesch Ekonomistin, déi eng Redefini-tioun vun der Valeur proposéiert an tëscht „va-lue extraction“ an „value creation“ ënnerscheet an entre autres proposéiert, dass mer déi zwou Revenussourcen zum Beispill ënnerschiddlech besteieren, jee nodeems, ob se der Allgemeng-heet eng Plus-value bréngen oder net.

Mä wa mer iwwer zwee zentral Aspekter vun den ODDe schwätzen, näämlech de Klimawan-del an d'sozial Ongläichheeten, muss mer aus Lëtzebuurger Siicht och u Folgendes denken: Den Ekonomist Lucas Chancel huet viru Kuer-zem, virun zwou Wochen, an enger Konferenz hei zu Lëtzebuerg gewisen, dass 10 % vun den „global rich“ 45 % vun de globalen Treibhaus-gasemissiounen duerstellen - well et gëtt och en Ënnerscheed, je nodeem, a wat fir enger so-zioekonomescher Klass een ass, wivill Emissioun-en ... oder wéi schwéier engem säin ökologe-sche Footprint ass, säin ökologesche Foussof-drock ass - an dass zu deenen 10 % „global rich“ am Fong all d'Lëtzebuurger derzou-gehéieren.

(*Interruption*)

Jo, ech weess, do muss een distinguéieren, do gëtt et geografesch Distinctionen, mä weltwäit gehéiere mer zu deenen 10 %, déi déi gréissten Emissiounen produzéieren. A vill vun deene si souguer bei deem 1 % weltwäit, deen nach vill méi héich Emissiounen produzéiert. Dat erkläert dann och vläicht, dass mer den 19. Februar scho bei eis deen „carbon overshoot“ erreecht hunn, vun deem de François Benoy och schonn d'ënescht geschwat huet.

Et ass och dëst eis Responsabilitéit, fir eis dat virun Aen ze halen, a mir dierfen eis deem net verschléissen a mir müssen dat och an déi Dis-kussioun mat eranhuelen. Dat ass eng komplex Diskussioun vu Cohérence des politiques, wou mer engersäits Saache maachen, déi immens positiv sinn - an ech kucken do op d'Koopera-tiounsministesch - a villen anere Beräicher, wou mer extrem vertuéis Praktiken hunn, awer op där anerer Säit natierlech zu deem weltwäiten, extrem konsuméristesche Modell gehéieren, deen haaptäschlech am Weste gefuer gëtt an deen en contradiction ass mat munchen vun deenen ODDën.

Här President, mat dësem PNDD, deem seng gesetzlech Basis op d'Joer 2004 zrëckgeet, dierf net just eng Stilübung verbonne sinn. Den Exercice géif am meeschte Sënn maachen, wa mir als Chamber lassgeléist vum politesche Ka-lenner vu Legislaturperioden denke géifen. Dat ass leider am Moment, an am besteeënde ge-setzleche Kader, net de Fall, kann och net de Fall sinn. Am Idealfall misst et awer méiglech sinn, dass mir zesummen hei an der Chamber eng laangfristeg Reflexioun maachen iwwert dat Lëtzebuerg, dat Europa an déi Welt, an där mir an 20 Joer an doriwwer eraus liewe wëllen.

Här President, ech géif elo gäre just kuerz op déi verschidde Gebidder vum PNDD, op ver-schidde Kapitele vun PNDD agoen. Et ass scho ganz villes gesot gi vun de Rapporturen an hi-rem ganz gudden Rapport, dofir kann ech mech an deene meeschte Beräicher kuerzfaassen.

Deen éischte Beräich ass dee vun der Ëmwelt, d'Champs d'action 3, 7 an 8. An do hate mer ganz flott Diskussiounen effektiv an der Ëm-weltkommissioun iwwer e puer Sitzungen eraus. En éischte Punkt ass deen, dass eng ganz grouss Erausforderung wäert doranner be-stoen, de Champ d'action 3 vun enger nohal-teger Consommation a Produktioun unze-goan. Ech mengen, mir sinn eis allegueren eens, dass dat nëmme ka geléngen, wa mir vun enger Économie linéaire op eng Économie circulaire ëmklamme kënnen. All eis Secteure muss sech deem Defi stellen.

Iwwert de Secteur vun der Landwirtschaft hu mer viru Kuerzem - d'lescht Woch nach an dësem Haus - vill geschwat. An ech géif do gären op d'Ried vu menger Kollegin Tess Burton verweisen, déi och op d'Nohaltegkeets-aspekter vun der Landwirtschaft agaangen ass.

D'Beméiunge vun der Regierung gi schonn an d'Richtung, mä misste vläicht nach méi ver-stärkert an d'Richtung vun der Reparation an der Reutilisatioun goen. Mir si frou, dass eis Fuerderung, de reduzéierten TVA-Taux bei der Reparation vun Objeten anzeféieren, de Wee an de Koalitiounsaccord fonnt huet. Mir sinn och der Meinung, dass de Legislatuer méi en-gagéiert misst géint d'Obsolescence program-



mée virgoen. Dat ass déi Praxis an der Industrie, déi doranner besteet, dass een d'Produite vun Ufank u fir eng limitéiert Dauer souzeseo programméiert, déi dann duerno, meeschtens no zwee Joer, wann d'Garantie ofgelaf ass, futtiginn. Dëst wär net nëmmen am Interessi vum Konsument, mä och vun eiser Ëmwelt. A fir do en Impuls ze ginn, kann een de franséische Code de la consommation nennen, deen nach ënner sozialistescher Présidence am Abrëll 2016 en Artikel bäikrut, deen d'Obsolescence programmée verbitt.

E weidere Punkt an deem Beräich ass eng wëssenschaftlech Etüd, déi ech gären hei géif erwänen, vum „European Heart Journal“, déi am Mäerz dëst Joer verëffentlecht ginn ass an déi zur Konkursioun kënn, dass d'Pollution atmosphérique e bedeitend schlémmen Impakt huet op déi kollektiv Gesondheet wéi dat, wat mer bis elo ugeholl haten. D'Loftverschmutzung reduzéiert där Etüd no déi duerchschnëttlech Liewenserwaardung an der EU ëm 2,2 Joer a féiert all Joer zu ongeféier 660.000 Doudesfäll an Europa, wat natierlech enorm ass.

D'Wëssenschaftler hunn an deem Kader en dréngenden Appell un d'Politik geriicht, fir méi couragéiert Mesuren ze ergreifen a virun allem de Particules fines an de Stickoxiden de Kampf unzesoen.

Fir eis als LSAP ass d'Loftverschmutzung virun allem och eng sozial Erausforderung. Well all d'Etüde weisen natierlech drop hin, dass virun allem Leit aus sozial méi schwache Schichten ënnert de Konsequenze vun der Luftverschmutzung ze leiden hunn, well si a Quartiere mat méi Verkéier liewe mussen. An all déi, déi e bësse reesen uechtert d'Welt, kënnen dat och all Kéiers erëm empiresch confirméieren.

Här President, et ass gewosst, dass zwee Drëttel vun eisen nationalen Treibhausgasen, an och dat ass scho gesot gi vu verschiddene Virriedner, duerch de Verkéier op de Stroossen zustane kommen. D'Regierung ass mat hiren héijen Investissementen an den ëffentlechen Transport hei ganz kloer um richtege Wee. Sécher ass, dass mir laangfristeg de Modell vum Individualverkéier, wou jiddwereen eleng mat sengem Auto duerch d'Géigend firt, net méi esou oprechterhale kënnen. Den ëffentlechen Transport muss konsequent ausgebaut ginn an e muss virun allem méi séier si wéi d'Optioun, mam Auto ze fueren. An och de Vëloverkéier natierlech an d'Zefoussgoe mussen méi attraktiv a méi sécher gemaach ginn.

An do kënn een net ëmhin ze observéieren, dass een och am Urbanismus an der Stad Lëtzebuerg, mä och soss iwwerall, net méi alles kann zur gläicher Zäit maachen. Et muss ee Choix maachen, och an deem Beräich. Et kann een net iwwerall Autoe fuere loosse, en Tram, Vëloen, an dann och nach e komfortabele Foussgängerpad maachen. Do mussen Choix gemaach ginn.

► **Une voix.** - Très bien !

► **M. Franz Fayot (LSAP).** - Déi Hysterie, déi dann an deene leschte Méint och hei am Haus opkomm ass, wa vun enger klenger Hausse op den Akzise rieds war um Bensinn an um Diesel, ass an eisen Aen och definitiv déplacéiert. Et kann ee sech do referéieren op Zifferen tëscht Mëtt Dezember 2018 a Mëtt Februar 2019, wou ee gesinn huet, dass beim Diesel Präisschwankunge vu plus/minus 7 Cent nëmmen duerch d'Volatilitéit vun den internationale Mäert vun der Energie geschitt sinn. An dat ass wäit méi wéi déi Hausse vun 2,4 Cent am Endpräis, déi duerch d'Augmentatioun op den Akzisen erfollegt ass.

Méi laangfristeg si mir der Meenung, dass eis Fiskalitéit manner d'Aarbecht besteieren an dofir méi de Ressourcëverbrauch besteiere soll. Schweden oder och nach d'Schwäiz hunn eng CO₂-Steier agefouert, déi am Fall vu Schweden mat enger Baisse vun de Steiere fir déi méi kleng Schëllere gekoppelt war. An am Fall vun der Schwäiz gesäit een och, dass zwee Drëttel vun de Recetten aus der CO₂-Steier erëm zréck un d'Bierger ginn, an dat onofhängeg vun hirem Verbrauch. Dat si Modeller, déi mer eis zu Lëtzebuerg definitiv sollten ukucken an un deene mer eis och sollten inspiréieren.

► **Une voix.** - Très bien !

► **M. Franz Fayot (LSAP).** - Bei den erneierbaren Energien ass Lëtzebuerg, an dat muss ee leider constatéieren, ëmmer nach d'Schlusslicht an Europa. An der europäescher Moyenne maachen déi erneierbar Energie 17,5 % vum Ennverbrauch aus. Zu Lëtzebuerg sinn dat, pour l'heure, just 6,4 %. An do si mer nach wäit ewech vum Objektiv 2020. Mä ech weess,

dass mer och do Schrëtt ënnerhuelen, déi an déi richteg Richtung ginn.

Här President, de Champ d'action 5 : Aménagement du territoire. Ech sinn d'accord mat deem, wat scho vun de Virriedner gesot ginn ass, dass een engersäits an Zukunft méi dicht muss bauen. Als LSAP gesi mer d'Erausforderung virun allem doranner, dass mer eng méi héich Bebauungsdicht hunn, mä awer net eng manner gutt Liewensqualität. Am Géigendeel: Et ass och bei eis méiglech, e bëssen d'Scheiklappen ofzedoen, a wéi an anere Länner, en Ekourbanismus ze bedriewen, deen eis Liewensqualität verbessert. Mir brauchen innovativ Wunnquartieren, wou d'Leit sech begéien an net parallel nieftenee wunnen, wéi dat bis elo dacks de Fall ass.

Mir müssen och méi ekologesch Konstruktionsmaterialien aktiv ënnerstëtzen. De Béton huet eng ganz schlecht ökologesch Bilanz. Dat ass gewosst. An anere Länner gëtt Holz ëmmer méi oft als Konstruktionsmaterial benotzt. Zu Wien gëtt dëst Joer dat weltwäit héchstent Héichhaus aus Holz ageweit. 24 Stäck mat 20.000 Quadratmeter huet dat Héichhaus, wou d'Lifter mat enger Energierecupération equipéiert sinn.

Och zu Lëtzebuerg gi mir lues a lues dozou iwwer, Holz als Baumaterial ze notzen an ze favoriséieren. An all Initiativ an déi Richtung gëtt vun eis begrësst an och ënnerstëtzt. A mir begrëssen och an deem Kontext, dass et 16 Projekte gëtt mat insgesamt 465 Logemente vum Fonds du logement a vum SNHBM, déi an nächster Zäit wäerte realiséiert ginn a bei deenen Holz dat zentraalt Baumaterial ass.

Här President, ech géif nach gären eppes soen an där kuerzer Zäit, déi mer nach bleift, zu der Famill, zum Champ d'action Nummer 1. Et stëmmt, an domat wäerte mer eis an Zukunft nach intensiv beschäftege misse, dass den Aarmutrisiko zu Lëtzebuerg an d'Luucht geet. Déi ominéis Schéier tëschent Aarm a Räich geet weider ausereen, an dat ass natierlech fir eis als LSAP extrem problematesch.

D'Mindestlounerhéijung ass eng Measure, déi dës Regierung bannent kuerzer Zäit ëmgesat huet an déi de betroune Leit e bësse Loft verschafft. De REVIS huet eng Partie Verbesserung bruecht, virun allem fir d'Kanner an de Ménages monoparentaux. Déi Evaluatioun, déi mer hei dräi Joer nom Akraafttriede vum Gesetz virgesinn hunn, wäert da weisen, ob déi Verbesserungen och tatsächlech gegräff hunn.

Eng aner Statistik ass déi, dass 44,4 % vun de Kanner, deenen hir Elteren en niddrege Bildungsniveau hunn, 2016 vum Aarmutrisiko betraff waren. 15,3 % vun hinne ware carrement materiell a sozial benodelegt. Dëst ass e strukturelle Problem an engem Land, wou d'Bildungschancen och inegalitär sinn a wou de Phänomeen vun de Working Poor relativ héich ass. Mir sinn do op zweeter Platz an der EU, wat och do erëm héich problematesch ass fir esou e räicht Land wéi Lëtzebuerg.

E leschten, awer e wichtege Punkt fir eis Partei: Als LSAP si mer der Meenung, dass d'Universalitéit vun de Sozialleeschtungen net grondsätzlech a Fro därer gestallt ginn, well si de Garant fir eis sozial Kohäsion ass. Et därer net esou wäit kommen, dass eng Kategorie vu Leit an eiser Gesellschaft sech d'Fro stellt, firwat si matbezuelt soll fir Leeschtungen, déi anerer bezéien. An déi Richtung därer mer net goen, esou en Denken an der Sozialpolitik ass en No-Go.

Voilà, ech wär domadder um Enn ukomm. Ech géif och gären den Accord vun der LSAP zur Motioun bréngen, natierlech och Merci soe fir déi gutt Diskussiounen, déi mer an de Kommissiounen haten, der Regierung Merci soe fir hir Präsenz haut an lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Fayot. Nächsten ageschriwwene Riedner ass d'Madamm Stéphanie Empain. Madamm Empain, Dir hutt d'Wuert.

► **Une voix.** - Très bien !

► **Mme Stéphanie Empain (déi gréng).** - Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, et ass e bëssen e speziellen Exercice haut. Trotzdem géif ech, fir unzefänken, jidderengem, dee sech hei un deem Debat bedeelegt huet, Iddie materabruecht huet an déi verschidde Punkte belicht huet, villmools Merci soen. Et ass, schon eleng fir den Avis auszeschaffen, esou e breet Thema, dass et schwéier ass, dat alles an enger Ried ze cernéieren, an et sinn immens vill gutt Usätz schonn hei komm, soudass ech mech och e bësse méi kuerz wäert faassen.

Ech géif awer nach eng Keier gären drop zréckkommen, wat dee PNDD als Dokument bedeit a firwat esou en Dokument wichtege ass fir eis.

Et ass kloer: Mir brauchen esou en Dokument an der Politik, fir eis ze guidéieren, fir dass mer eis Klimaziler errechen. Mä doriwwer eraus geet et net just ëm eng politesch Guidance, et

geet och drëm, dass mer d'Liewensqualität vun eis allegueren erhéijen: méi Chancëgläicheit, besser a méi gesond liewen, besser iessen, den Erhalt vun eise Landschaften an esou weider.

De PNDD huet natierlech och eng Wirkung iwwert d'Grenzen eraus. Och do ginn ech elo net an den Detail, well do huet de Marc Angel scho wierklech eng Keier den Tour d'horizon gemaach. Mä wann ee sech op den nationale Volet konzentréiert, da gesäit een, dass deen Exercice och ganz besonnesch dem ländleche Raum déngt. An ech mengen, dat ass e Punkt, dee ganz wichtege ass. Dofir géif ech hei gären op e puer Beispiller agoen.

Wat striewe mer heimadder un, zum Beispill am Beräich vun der Landwirtschaft? Et geet jo net just drëm, e Kader ze setzen, deen ee limitéiert. Et geet virun allem drëm, dass mer d'Liewensqualität fir eis Landwirten ofsécheren, dass mer déi Ofhängegkeet vu Subside relativéiert kréien, dass eis Landwirten e faire Loun fir hir Produkte kréien, dass se sech en Of-sazmaart hei zu Lëtzebuerg fir hir Produkte kënnen sécheren, dass se manner dem Drock vum Weltmarché ausgesat sinn, manner de Pestiziden ausgesat sinn an esou weider.

Doriwwer eraus, grad och fir de ländleche Raum, hu mer Beispiller wéi den ëffentlechen Transport, mat dem Ausbau an der Reorganisatioun vum ganzen ëffentlechen Transport, dee ganz besonnesch eben och deene méi ofgeleeene Géigenden zeguttkënn, d'Revaloriséiere vun den Duerfkären, méi Services de proximité am ländleche Raum, d'Dezentraliséierung vun den Aarbechtsplazen, fir dass de Wee tëscht der Aarbecht an dem Doheem erëm méi kuerz gëtt.

An dann ee Punkt, deen ech och relativ wichtege fannen an deen ech a menger Vergaangenheet och vill beaarbecht hunn, dat ass de Volet vum Tourismus, vum duussen Tourismus. Grad just am ländleche Raum hu mer do ganz vill, wat mer och iwwert d'Schinn vum Tourismus kënnen erabrëngen, wat Aarbechtsplazen an de Regiounen ofséchert. Aarbechtsplazen, déi mer net ausgelagert kréien, well de Mëllerdall hu mer just hei zu Lëtzebuerg, d'Eislek hu mer just hei zu Lëtzebuerg.

An do hu mer eng ganz Partie Saachen, wéi ebe Slow Food, regional Produkter, eis Kultur, eise Patrimoine, eis Geschicht, Wander- a Vëloaktivitéiten, eis Naturparken - mëttlerweil hu mer dräi Naturparken -: Alles dat sinn Dealer vun engem nohaltegen Tourismus, dee fir eis an de Regiounen einfach och e Verkafargument ass.

Mä natierlech, esou en Dokument, dat sinn am Endeffekt dann och just Wieder um Pabeier, wann net eng Volontéit hannendrusteet, se och an d'Realitéit ëmzesetzen. An do sinn ech awer ganz optimistesches.

Hei müssen och konkret Resultater erausspringen. Mir müssen d'Ramebedéngunge konsequent unerkennen an deementsprechend handelen. An ech mengen, do hu mer och zu engem ganz groussen Deel schonn an der Vergaangenheet bewisen, dass mer dat maachen.

Kloer ass: Motze bréngt een elo net direkt weider. Ewechkucken oder aus dem Sall lafe bréngt och kee weider, scho guer net an esou engem wichtege Dossier wéi deem hei. Mä bon. Ech géif just umierken: Et mécht och vläicht elo kee risegen Ennerscheed, vu dass beim Ausschaffe vun deem Avis sech och net allze vill investéiert ginn ass, ob se am Endeffekt hei setzen oder net.

► **Plusieurs voix.** - Très bien !

(Interruptions)

► **Mme Stéphanie Empain (déi gréng).** - Et ass scho vill geschitt. Mir hu scho villes erreecht. Eppes, wat ech an der Lescht oft héieren hunn - ze oft, fannen ech -, dat ass, dass dës Koalitioun vill an ze héich Ziler géif setzen an dass se sech awer net géif derzou äusseren, wéi se dës Ziler wëllt erreechen.

Ech kann a wëll dat hei net esou onkommenéiert stoe loosse, well ech einfach der Meenung sinn, dass dat eppes ass, wat sech vläicht flott seet, wat awer absolut net fondéiert ass. A Beispiller dofir gi jo och weider keng genannt. Konkret kann een näamlech un enger Rëtsch Beispiller gesinn, dass et sech hei net einfach ëm eng imaginär Wonschlechts handelt, mä dass mer duerchaus hei eng Strategie hunn, déi derhannertsteet an déi och zu konkrete Resultater féiert.

Um Niveau vun de Resultater huet dës Regierung zum Beispill de Waasserschutz op de politeschen Agenda bruecht an huet 80 % vun eise Quell- a Grondwaasserfaassung schonns geschützt oder d'Prozedur ageleet. Et ass massiv an den Drénkwaasserschutz investéiert ginn a mir si kloer op eng Drénkwaasserschutzkultur ëmgestigen.

► **Une voix.** - Très bien !

► **Mme Stéphanie Empain (déi gréng).** - Mir hunn tëscht 2013 an 2019 d'Naturschutzzone verduebelt a si bei den Natura-2000-Zone vun 18 % op 27 % vun der Landesfläch eropgaangen. D'Investitiounen an eng nohaltege Mobilitéit hu sech zënter 2013 och quasi verduebelt. Mir wäerten 2020 dat bescht Chargeursnetz fir Elektroautoen an Europa hunn, dëst gespeist aus erneierbaren Energien. Mir hunn och an der leschter Legislaturperiod eng Verdräifung vun der Wandenergie erreecht. Domadder einher geet och d'Demokratiséierung vun der Energie. Dat heescht, och hei goufe grouss Efforte gemaach mam Zil, e Maximum vu Leit mat an d'Boot ze kréien, fir Energie ze produzéieren fir den Eegegebrauch, awer och fir an d'Netz anzespisen.

Den Niveau d'ambition ass also net eréischt zënter Dezember 2018 héich - a scho guer net ze héich -, e war et och scho virun. A wéi ee konnt gesinn, bréngt et och eppes, sech héich Ziler ze setzen, well wann ee sech héich Ziler setzt, da kann een och wäit kommen. Dofir denken ech, dass een och an der Zukunft ambitionéiert muss no vir kucken an dass mer net sollen op déi lauschteren, déi eis erzielen, mir sollten eisen Niveau d'ambition elo erofschrauwen.

► **Une voix.** - Très bien !

► **Mme Stéphanie Empain (déi gréng).** - Da géif ech awer och nach gär zum Nohaltegekeets-Check kommen. Deen ass haut schonn e puermol ugeschwat ginn. Et ass ee vun deene wichtege Punkten, déi souwuel an de Koalitionsaccord wéi och an dës PNDD agefloss sinn.

(M. Henri Kox prend la présidence.)

An et ass kloer an et gëtt ëmmer méi evident, dass mir all eis Aktivitéiten op hir Nohaltegekeet préiwe mussen, an dat am Virfeld vun all Aktivitéit oder Initiativ, déi lancéiert gëtt. Dat geet vun ëffentlechen Ausschreiwungen iwwer Standerterpolitik, eis Prozeduren an och eis Projektede-loien. Zu all Projet de loi gehéiert jo och elo schonn eng Fiche d'impact financier, an äänlech wéi bei deem Prinzip misste mer do och eng Fiche d'impact de durabilité virgesinn.

A wat seet eise Koalitionsaccord dozou? Zum Beispill bezüüglech den ëffentleche Gelder steet am Koalitionsaccord: « Un cahier de charges modèle sera élaboré pour assurer un approvisionnement respectueux de l'environnement et du climat ainsi que des critères sociaux et de commerce équitable pour les pouvoirs et institutions publics. » Dat wëllt heeschen: Mir schaffen e Cahier de charges modèle aus, dee mer eisen Administratiounen an de Gemengen zur Verfügung stellen, fir sech ze guidéieren, wann et ëm Ausschreiwunge geet: mat Kritären zur Nohaltegekeet um Niveau vum Ëmweltschutz, dem soziale Volet an natierlech och dem fairen Handel.

An och wat de Gesetzgebungsprozess ugeet, gesäit de Koalitionsaccord vir, dass mer eng Fiche d'impact fir den Développement durable virgesinn. An et ass einfach wichtege, dass mer eis an Zukunft d'Froen zur Nohaltegekeet vun allen Initiativen a Projeten als Alleréischte stellen. Dat heescht: Wéi affektiert e Projet de Wunnengsmarché? Wéi affektiert en d'Qualitéit vum Waasser? Fërdert en d'duuss Mobilitéit? Wéi ass et mat der Chancëgläicheit? Der wirtschaftlecher Diversifizéierung? Dem Accès zu Gesondheetsservicer? Der Biodiversitéit? An esou weider an esou fort.

Mir sinn also bereet, eis an eiser Politik duerch esou en A-priori-Nohaltegekeets-Check guidéieren ze loosse. Domadder kënnen mer nach vill méi geziilt d'Richtung fir eis Handlung virginn. A mir kënnen och e kloeren an transparente Kader schaffen, deen den Ufuerderunge vun haut a puncto Nohaltegekeet ka gerecht ginn.

An ech mengen, hei muss een och kloer soen: Mir brauche streng Ëmweltkritären an eiser Standerterpolitik, well esou Kritäre sinn net just do, fir eis an eise Handeln anzuschranken. Si ginn zwar duerchaus vir, wat mer wëllen a wat net, mä si fërderen doduercher och d'Innovatioun a sécheren domadder och Aarbechtsplaze vu muer of.

Mir brauche Prozeduren, déi virgesinn, dass esou en Nohaltegekeets-Check dat Eischt ass, wat muss gemaach ginn, ier een e Projet ugeet. De Moment hu mir kee Mechanismus, dee sécherstellt, dass den Ëmwelt- a Ressourcenimpakt vun Ufank u matgeduecht gëtt. An dat féiert noutgedrungen och zu Schwierigkeiten.

Wéi gesot, mir hunn eis et zum Zil gesat, dat an Zukunft ze berücksichtegen. Mir wëssen, dass och nach genuch ze di bleift. Den Defi ass grouss. Mä geneesou wéi mir all déi Erausforderungen an de leschte Joren ugaange sinn, wäerte mir se och an deenen nächste Jore konsequent zesummen ugoen.



Ech géif gär an deem Kader zum Beispill op den nationalen Energie- a Klimaplang hiweisen, deen Enn des Joers soll virgestallt ginn an op den Horizont 2030 ausgeluecht ass, hei och mat konkreten Zuelen dann ënnerluecht.

Zu den ambitiëse Punkte kéint een dann och d'Ausschaffe vun der Zero-Waste-Strategie nennen, déi och am Hierscht dëst Joer soll presentéiert ginn.

Wéi gesot, dëse Plang bitt déi richteg Basis, fir eis an eiser Aarbecht ze guidéieren, no där mir eis och kënne selwer moossen an no där mir eis och kënne moosse loossen.

Ech soen lech villmools Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien !

► **M. Henri Kox**, *Président de séance.* - Merci. Vu dass kee Member méi aus der Chamber do ass, fir un der Debatt deelzehuelen, géif ech dann elo un d'Ministere kommen. An als éischt Stellungnam ass et déi vun der Ëmweltministesch Carole Dieschbourg. D'Madamm Ëmweltministesch huet dann d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

► **Mme Carole Dieschbourg**, *Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable.* - Villmools Merci, Här President. Dir Dammen an Härën Deputéiert, et geet ëm eis gemeinsam Zukunft. Et geet drëm, wéi mer Lëtzebuerg bis 2030, awer och doriwwer eraus, wëlle gesinn. An dofir soen ech lech fir d'Éischt emol Merci, de Rapporteurs, deenen zwee, dem François Benoy an och dem Marc Angel, fir déi wahnsinneg vill Aarbecht an déi gutt Rapporten, déi se gemaach hunn. Si hunn zanter Mäerz mat de Kommissiounen dru geschafft.

An dofir net nëmmen lech, déi de Prozess begleet hunn, mä och allen anere Kommissiounsmemberen, déi hei Input ginn hu fir déi wichtige Debatt, fir dee wichtigen Avis, dee mer wäerten zur Kenntnis huelen, dee mer wäerte mat an eis Prozedur eranhuelen, well esou ass dat virgesinn, en décke Merci an och e Luef, dass Der lech esou intensiv domadder auseneegesat hutt. Dir hutt genau gekuckt, wat am neie Koalitionsaccord alles drasteet. Dir hutt eis Ziler an där Hisiicht aktualiséiert op engem Dokument, wat vun 2018 war. An dofir Merci.

Op där anerer Säit wëll ech awer och net meng Enttäuschung verstoppen, wann et drëm geet, iwwert d'Zukunft ze diskutéieren, dass mer leider net komplett sinn, dass mer dës Verantwortung net allegueren am Respekt vis-à-vis vun eiser Generatioun, mä och vun zukünftige Generatiounen ugin.

► **Une voix.** - Très bien !

► **Mme Carole Dieschbourg**, *Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable.* - Jo, den Agenda 2030 ass eng partnerschaftlech Aufgab an, meng Virriedner hunn et gesot, eng Aufgab, déi op all Niveau muss gemaach ginn, wou d'Regierung gären zesumme mat der Chamber virgeet, de richtige Kader setzt, an deem mer schaffen.

Ech schwätzen elo hei fir d'Regierung, mä ech sinn awer och immens frou, dass meng Ministerkollegen hei sinn, de Claude Turmes fir d'Energie an dann awer och d'Madamm Lenert, Kooperatioun a Konsumenteschutz, en immens wichtigen Dossier an och eng flott Kollaboratioun, déi mer am Kader vun dësem Plang hunn.

Well et geet drëm, dass mer net nëmme Lëtzebuerg nohalteg entwéckelen, mä dass mer dat eben och - esou wéi an dëser Agenda fir Mënschen, déi an de Limitte vum Planéit engerecht, friddlech an inklusiv Entwécklung wëllen - an eisen Aussepoliticken an an der Kooperatioun maachen. Ech mengen, do ass Lëtzebuerg ëmmer exemplaresch gewiescht. An eist Bestreiwung ass et, fir nach besser an nach méi koordinéiert an deenen Dossieren zesummeschaffen, fir e Maximum u Responsabilitéit fir eng friddlech Entwécklung ze garantéieren.

An da sinn ech och frou, dass den Aarbechtsminister Dan Kersch do ass. An d'Corinne Cahen huet grad de Sall verlooss, mä si war eben och hei a si wäert och hei sinn. An ech mengen, et ass wichtig, dass eng ganz Regierung hannert esou engem Nohaltegkeetsplang steet, an dat zesumme mat enger Chamber, déi eis hei Recommandatioune gëtt, déi wirkleech wichtig sinn, fir an dee Prozess mat-affleissen ze loossen, sief et am Beräich Klimaschutz, wou mer haut en neien Energie- a Klimaplang virleien hunn, deen ebe chiffriert ass an deen ebe grad op déi Froen, déi d'Chamber och gestallt huet: „Kënn Der eis kloer chiffriert Ziler setzen?“, eng Äntwert gëtt.

Jo, mir wäerten och mussen nobesseren. An der Biodiversitéit si mer do international och um Schaffen. Do wäert d'nächst Joer e wichtige Moment kommen, wou mer eng ganz wichtige Konferenz hunn. An och do wäerte mer mussen nach besser ginn, obwuel een ein-

fach muss constatéieren, dass mer mam neien Naturschutzgesetz, mam zweeten nationalen Naturschutzplang, einfach och kloer chiffriert haut scho wëssen, wéi eng Hektare mer wëllen a musse schützen a wou mer musse Renaturéierung maachen oder Biotope verbesseren.

An ech mengen, dat si Schrëtt no vir, déi och vu menge Virriedner genannt goufen, wou mer op där enger Säit Schrëtt geholl hunn, gemeinsam an der Verantwortung, an op där anerer Säit awer nach ganz grouss Defie virun eis hunn, net nëmme bei der Biodiversitéit, mä och beim Klima.

An do wëll ech dann awer och op en Zitat vum Nicholas Stern zréckgräifen, deen do seet: „D'Klimakris an d'Aarmut sinn zwou Säite vun enger eenzeger Medail. Wann et eis net gélegt, déi eng Kris ze gewannen, deen een Challenge ze gewannen, da wäerte mer och op deem aneren echouéieren.“ An et ass wichtig, dass mer ebe grad d'Aarmutsbekämpfung, d'Gerechtkeet an de Volet vum Ëmweltschutz iwwereneebréngen an ebe grad fir eng nohalteg Entwécklung eis Ziler ginn.

Eng wichtig Roll hunn awer hei net nëmmen de Stat an d'Chamber. D'ailleurs weess ech, dass an Ärem Prozess och diskutéiert ginn ass, wéi et an anere Chamberen ass. A vläicht adoptéiert dës Chamber, esou wéi mir se an de Prozess agebonnen hunn ... An do wëll ech dem Henri Kox an dem Marc Angel och Merci soen. Si waren op eise Workshopen derbäi. Et war eis ëmmer wichtig, jiddwereen derbäi ze hunn. Vläicht ass et och esou, dass an dëser Chamber, äänlech wéi an Holland, all Einzelnen en eegenen SDG adoptéiert, fir deen e kämpft.

Vläicht wëllt Der de Prozess och begleet wéi an Dänemark - bon, ech weess elo net, zu menger rietser Säit, do kann ech dat net soen -, mä an Dänemark gëtt et eng All-Party Coalition fir den UN-Agenda 2030. An ech géif mer wënschen als zoustänneg Ministesch, déi mat de Kollegen an der Regierung dat dote koordinéiert, dass och a Lëtzebuerg jiddweree géif Verantwortung huelen, egal wou en hei am Raum sëtzt.

Mä virun allem ass eis awer och dru geleeën ... A verschide Leit hunn hei eis Plattform ernimmt, déi mer jo elo lancéiert hunn, déi amgaangen ass ze entstoe mat deene gudden Aktiounen, mat all deenen, déi engagéiert sinn. Ech mengen, et ass ganz wichtig, dass mer niift enger Agenda och op enger Plattform weisen, dass d'Zivillgesellschaft, dass eis ONGe schaffen un der Nohaltegkeet, awer och Entrepreneuren!

Well Nohaltegkeet ass e gesamtgesellschaftlecht Engagement:

- sief et am Beräich vun der Kreeslafwirtschaft, wou mer Chancen hunn, oder an der Digitaliséierung,

- sief et awer och, wa mer iwwerleeën, wéi mer vun A op B kommen, also en Deel vun enger méi nohalterger Mobilitéit ginn,

- sief et awer och, wa mer Deel si vu Workshopen - an do wëll ech deene Jonke Merci soen: Mir haten en extrem gudden Echange iwwer Klima an de Schoulen zesumme mam Claude Meisch an zesumme mam Romain Schneider -, wa mer en Deel vun enger Gesellschaft sinn, déi dës wëllt weiderbréngen.

Et kéint een elo nach enorm vill soen an, Dir Dammen an Härën Deputéiert, Här President, ech hätt och elo nach zu all Thema, well ech mech preparéiert hat, déi eng oder aner Remark. D'Diskussioun haut war awer éischter extrem ënnerstëtzend. Är Elementer ...

(Hilarité)

... wäerten deemgeméiss mat an eis Iwwerleeungen, an eis Upassung erafléissen.

(M. Fernand Etgen reprend la présidence.)

Ech soen lech domadder e ganz grouse Merci fir Är Motioun. Si wäert an eisem Comité interministériel, wou all Ministère dra vertruede sinn, gekuckt ginn. Mir wäerten dat dann integréieren, ier ech dann am Hierscht wäert dem Regierungsrat en neit Dokument mat Ären Umierkungen eraarechen. A bis dohinner géif ech eppes soen, ganz einfach, vum Erich Kästner inspiréiert: „Es gibt nichts Gutes, ausser: Man tut es.“ Jidderee vun eis kann Deel vun enger nohalterger Entwécklung zu Lëtzebuerg sinn.

An domadder soen ech lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien !

► **M. Fernand Etgen**, *Président.* - Merci villmools der Ëmweltministesch, der Madamm Dieschbourg. Wëllt nach ee Member vun der Regierung Stellung huelen?

Dat ass net de Fall. Dann ass domat d'Diskussion ofgeschloss.

(Conformément à l'article 33 (2), M. le Président inscrit le vote de la motion 1 à l'ordre du jour de la séance publique suivante.)

6. Question élargie n° 16 de M. Georges Engel au sujet de la précarité énergétique au Luxembourg

Da kéime mer elo zur erweiderter Fro Nummer 16 vum Här Georges Engel iwwert d'Energiearmut. Den Auteur vun der Fro huet fënnf Minutten Zäit, fir seng Haaptfro an no der Äntwert vum Minister seng Zousazfro virzedroen. Der Regierung stinn zéng Minutten zou.

Här Engel, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Georges Engel** (LSAP). - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Härën, Dir Dammen an Dir Härë Ministeren, d'Transition énergétique ass eng vun deene groussen Erausforderunge vun eiser Zäit. Dat hu mer elo en long et en large hei diskutéiert. Et ass sécherlech net déi eenzeg Erausforderung, déi mer hunn, mä et ass eng, déi vill Beräicher betrëfft an déi haut och an der Gesellschaft méi wéi jee eng grouss Ecoute huet. Dat gesäit ee bei de Freidesdemoe vun de Schüler an och bei der medialer Opmierksamkeet, déi esou e Sujet huet. Et ass eng grouss Sensibilitéit bei de Leit fir dëse Sujet.

Mesuren a Gesetzer, déi hei am Parlament geholl ginn, dat solle Mesuren a Gesetzer sinn, déi bei de Leit och ukommen. Esou si se geduecht an esou soll et u sech jo och sinn. Dëst Parlament hält vill Mesuren, an dat ëmmer am Sënn vum Bierger. Ob se elo vu jiddwerengem matgestëmmt ginn oder net, esou sinn ech awer iwwerzeegt, dass all Parteien ëmmer d'Wuel vum Bierger am Vierdergrond stoen hunn.

2016 huet d'Regierung eng Hëllef fir Haushalter an energetescher Prekaritéit agefouert, déi ab dem 15. September operationell war. Dës Hëllef kennzeechent sech duerch zwou Säiten: engersäits e personaliséierten Accompagnement vum Stot, dee sech an enger energetescher Prekaritéit befënnt. Dësen Accompagnement, dee gëtt am technesche Volet vun „myenergy“ gemaach an am soziale Volet vum Office social. An anerersäits ass et eng Subvention vu bis zu 75 % a maximal 750 Euro vum Präis vun engem neien Haushaltsapparat mat der héchster Energieklass, fir en energiefriessen den alen Apparat dann ze ersetzen.

Dem LISER, deen do de Rapport am Optrag vum Familljeministère publizéiert « Analyse du mal-logement et de l'exclusion liée au logement », an 2013 enger anerer statistescher Erhiewung no, ware 4 % vun de Stéit zu Lëtzebuerg net capabel an deene leschten zwielef Méint do virdrun, hir Energierechnungen allegueren ze bezuelen. Déi lescht statistesch Erhiewungen, wivill Stéit dass dat kënne gewiescht sinn, déi geet op 2011 zréck. An do louch den Taux vun deene Leit, déi dat net konnte bezuelen, bei 2,8 %. Bon, mir hunn elo d'Zuele vum Statec vun 2011, well et keng méi aktuell gëtt. Do goufen et am Ganzen 208.600 Stéit. Wann een dee Prozentsaz hält, da géif een also vu Minimum 5.840 Stéit schwätzen. 2013 waren et der sécherlech nach méi. Dat hei ass jo vun 2011. A wann een elo 2019 kuckt, da sinn et der sécherlech iwwert déi 5.840 ewech.

Mä par contre konnt een am Rapport d'activité vum Familljeministère vun 2018 liesen, dass am Ganzen néng Avances remboursables et récupérables vun den Office-socialen am Kader vun der energetescher Prekaritéit am Joer 2018 gefrot goufen. Vun deenen iwwer 5.000 - laut LISER - betrouffene Stéit, vun deem statistesch méigleche Potenzial vun iwwer 5.000 Stéit also, hunn der néng eng Demande gemaach weinst energetescher Prekaritéit!

Et muss ee jo och wëssen, et ass elo grad gesot ginn, dass den Objectif Nummer 7 bei den Objectifs de développement durable deen ass, dee seet: « Garantir l'accès de tous à des services énergétiques fiables, durables et modernes à un coût abordable ».

Duerfir geet meng Fro drëms, wéi mer Soziales an Ekologie sénnvoll matenee kënne verbannen. Meng Fro ass gemënt, fir dass bei der Transition écologique keen op der Streck gelooss gëtt. A meng Fro wëllt och rassembleieren a wëllt och a virun allem deenen hëllefen, déi wahrscheinlech am meeschten ënnert dem Klimawandel riskéieren ze leiden. Duerfir ass se an zwee opgedeelt. Ech hunn zwou Froen also:

Wéi kann et sinn, dass esou eng grouss Diskrepanz tëschent de betrouffene Leit engersäits an der Unzuel vun den Demanden anerersäits läit?

An zweetens: Huet d'Regierung wëlles, am Aklang mat de Consideranten 59 a 60 vun der Europäescher Direktiv 2016/0380 - dat ass d'« Directive concernant des règles communes

pour le marché intérieur de l'électricité » -, d'Unzuel vun de betrouffene Stéit ze suivéieren an en nationalen Aktionsplang dann och auszeschaffen?

Voilà, dat si meng Froen un d'Regierung. Merci.

► **M. Fernand Etgen**, *Président.* - Merci villmools, Här Engel. D'Regierung huet d'Wuert, d'Familljeministesch, d'Madamm Corinne Cahen.

► **Mme Corinne Cahen**, *Ministre de la Famille et de l'Intégration.* - Här President, Dir Dammen an Dir Härën, erlaabt mer emol fir d'Éischt, dem Deputéierte Georges Engel villmools Merci ze soen, dass en déi Question élargie hei haut stellt. Ech mengen, dass dat doten e Sujet ass, wéi mer och virdrun an der Debatt héieren hunn, deen absolut d'actualité ass. D'Carole Dieschbourg huet et grad gesot, d'Klimakris an d'Aarmut, déi sinn enk matenee verbonne respektiv mir kënne net dat eent behandelen ouni dat anert.

An ech géif gären hei ufänken, andeems ech awer nach eng Kéier kuerz un de Camille Gira zréckdenken, well et war mat him zesummen, wou mer virun e puer Joer gekuckt hunn, mat den Office-socialen a mat „myenergy“ zesummen, wéi mer de Leit kënne aus der Précarité énergétique eraushëllefen. Well de Constat war ganz kloer deen, dass ganz dacks Leit, déi net vill hunn, Apparater hunn, déi awer immens vill verbrauchen, well et al Apparater sinn, well se sech ebe keng nei Apparater leeschte konnten. An do war d'Iddi vum Camille Gira, fir ze soen: „Ma da kommt, mir hëllefen hinnen, fir nei Apparater ze kafen, fir sech ze equipéieren a fir esou dann och mëttel a laangfristeg manner ze verbrauchen, méi ze spueren dann dee Moment respektiv manner Käschten ze hunn.“

Et ass awer esou, dass déi Leit, déi net gutt dru sinn hei am Land, meeschtens keng Propriétaire sinn. Well mir haten deemools gesot: „Ma déi, déi Propriétaire sinn, do sprange mer dann an, fir eng nei Heizung oder fir eng Isolatioun vum Daach, fir dass d'Haus net esou vill verbraucht.“ Et ass awer effektiv esou, dass mer feststellen, dass dat net konnt de Fall sinn, well déi Leit, déi net vill Suen hunn, déi si meeschtens Locataire an net Propriétaire.

An Dir hutt recht, leider ass net genuch dovunner Gebrauch gemaach gi bis elo. A mir sollten do zesumme mam Claude Turmes, deen och gläich wäert schwätzen, kucken, firwat dat esou ass.

Et ass awer esou, dass mer natierlech awer e ganz enk gespaantent soziaalt Netz hei zu Lëtzebuerg hunn. Ech rappeliere just, dass mer d'Allocation de vie chère hunn, wou-vun 19.541 Menagé profitéieren, also bal 20.000 Menagen. Do sinn d'lescht Joer 34.486.000 Euro iwwerwise ginn, wat awer enorm vill Sue sinn, déi och hëllefen natierlech, fir d'Käschten ze decken, déi een huet.

Et ass awer esou, dass, wann ee wëllt vun „myenergy“ profitéieren, fir den Apparat ersat ze kréien, dann ass deen éischte Wee dee bei den Office social. A mir hunn an der Chamberskommissioun net méi spéit wéi d'lescht Woch nach d'Etüd vun der Uni Lëtzebuerg zesumme mat engem Vertrieeder vun der Uni Lëtzebuerg gekuckt, wou och erauskënn, dass de Wee bei den Office social dacks e schwéieren ass, dass d'Leit éischstens emol net wëssen, dass den Office social e Guichet unique ass, fir emol einfach ze kucken: Wat sinn hir Rechter? Wat gëtt et iwwerhaupt vun Offeren hei am Land? Wéi eng Formulairé muss ech fir wat ausfüllen?

Dat heescht, ech mengen, do ass emol deen éischte Schrëtt, fir de Leit och ze soen: „Mä wann Der eng Fro hutt, net onbedéngt nëmmen, well Der Sue braucht, mä well Der eng Fro hutt, wéi Der vläicht aus enger schwéierger Situatioun, aus enger neier Situatioun kënn erauskommen, mä gitt bei den Office social! Well d'Assistant-socialen an den Office-sociale sinn dofir do, fir lech ze beroden a fir lech ze soen, wat et gëtt.“

Et ass esou, dass ënnert d'Mesurë vun „myenergy“, déi d'Office-socialen da kënne proposéieren, fir dass „myenergy“ dann d'Berodung sur place an de Stéit mécht, 4 Apparater drënnerfalen: de Frigo, d'Spullmaschinn, d'Wäschmaschinn an den Tifküler. 2017 si 25 Berodunge vun „myenergy“ gemaach ginn. Do goufen 11 Apparater ersat. 2018 waren et 12 Berodungen. Do goufe 7 Apparater ersat. An elo dëst Joer waren et bis elo 8 Berodungen.

Et gëtt awer och eng finanziell Hëllef vun den Office-socialen, déi ausserhalb vun der Précarité énergétique ass. Also fir d'Électresch zum